definéiert gëtt. Dat ass och wichteg, dass een net e Service huet, dee selwer décidéiert, wat wichteg ass oder net. Dir hutt virdrun eng Hierarchie, an ech brauch elo net an den Detail ze goen, wat den Direkter kann erlaben, wat de Comité...

An ech sinn och ganz dankbar, Här President, dass de Vizepremier an de Justizminister och heibanne bliwwe si fir de ganze Suivi vun deenen Debatten, well dat sinn - wann dobausse jo net gesot ginn ass, wien, wat derbäi géif sëtzen -, dat sinn déi zwee Ministeren, déi mat mir zesumme mat de Leit vum SREL déi wichteg Etappen zesummen diskutéieren! Et ass net hei eng Décharge vun engem Premier, deen net d'Verantwortung wéilt droen!

Et ass am Text jo kloer, dass de Premierminister och responsabel ass vum SREL. Mä ech sinn der Iwwerzeegung, dass et gutt ass, dass déi Persounen, déi d'Justiz an och d'Force publique bei sech hunn, awer och au courant sinn iwwer wat geschitt an och zesummen en Échange kënnen hunn a mir dann d'Vertraue ginn, wann Décisiounen ze huele sinn, wou mer mat hinnen zesummen awer och eng breet Consultatioun haten.

An déi Aktivitéiten, Här President, ech hunn et virdru gesot, déi si kloer opgezielt an engem Artikel. Dat sinn den Espionnage, d'Ingérence, den Extrémisme à propension violente, d'Prolifération d'armes de destruction massive, etc. an etc.

Wat wichteg och an deem doten Dossier ass: dass och duerno, wann den Direkter bis eng Propos gemaach huet, awer och dee Comité - well hei ass virdru gesot ginn: Wat ass eng Menace? Wat ass d'Proportioun? Wéi, wat oder wou? - eben zesumme mam Service en Échange huet, fir och déi definitiv Décisioun ze huelen.

Déi Décisioun, déi mir huelen, Här President, ass net eng, déi aus der Loft gegraff gëtt. Dat ass eng Décisioun, déi vu Riichtere validéiert ginn ass. Dat ass eng, wou se gréng Luucht vun engem Direkter kritt hunn, dee gesot huet: „Jo", déi vu Riichtere gesot kritt hunn: „Jo", an déi bei eis kommen, fir déi lescht definitiv Ënnerschrëft ze kréien, fir déi Mesuren och kënnen ze huelen.

Dowéinst ass et fir eis wichteg, dass déi dote Punkte kloer sinn. Dat heescht, wat ee ka maachen, wien et ka maachen an och duerno, wann et bis gemaach ass, wien et kontrolléiert! Dat op externer Basis. An dat ass an der parlamentarescher Kontrollkommissioun, déi immens wichteg ass, well se och eng Fuerderung war, déi mer jorelaang haten. An elo ënnert der Presidentschaft vum Claude Wiseler schéngt se jo awer och gutt ze fonctionnéieren an och e gudden Échange ze hu mat de Vertrieder vum SREL.

Den Delegéierten ass och net e Fusibel fir mech. Den Delegéierten ass, an et ass och virdru gesot ginn, dat ass déi Persoun, där et awer méiglech ass, fir bei deene Sitzungen a bei deem „everyday business" vun engem Service de renseignement derbäi kënnen ze sinn. Et ass eng Vertrauenspersoun, déi de Ministère d'État an de Premierminister representéiert an déi dann och den „daily business" matkritt. Huelt mer et net iwwel, dass ech net all Dag kann am SREL sinn, fir ebe bei Décisiounen, déi ze huele sinn, och dat kënnen ze maachen. An dowéinst ass déi Persoun, den Delegéierten, deen, deen dann eben och do derbäi ass.

Mir hunn de Comité ministériel, mir hunn den Avis vun de Magistraten. Dat heescht, dee Contrôle externe ass do an deen ass och fir eis ganz, ganz wichteg.

Zu de verschiddene Punkten, déi hei just soulevéiert gi sinn, wéi zum Beispill déi prezis Fro vum Trojaner, deen do kéint Toun ophuelen oder Biller ophuelen, muss ech soen, dass ech der Meenung sinn, dass mer am Paragraf (2) vum Artikel 8 d'Prezisioun jo hunn, dass et ass fir «des méthodes destinées à l'observation dans un lieu privé qui n'est pas accessible au public». An dat ass jo am Fong fir d'Leit opzehuelen och geduecht. Dat heescht, wa mer d'Leit géifen ophuelen, géif dat éischter fir mech an den (2) fale wéi an den c) vun deem Trojaner, well et ass jo eng Mesure, wou een d'Leit ophëlt, den Toun an och Biller kann ophuelen. Mat enger Webcam kéint een dat jo och maachen.

Mä wéi gesot, Dir hutt och d'Fro gestallt iwwert den Trojaner. Ech wëll elo net hei op der Tribün - an Här President, ech hoffen, d'Deputéiert versti mech awer - soen, bei wiem mer et bestellen, wie wat gemaach huet, bei wiem et ass. Et sinn och verschidde Saachen an deem dote Service, wou ech lech elo just ka soen, dass den Trojaner net hei zu Lëtzebuerg kaaft ginn ass, mä am Ausland kaaft ginn ass. Mä frot mech net elo, fir hei op der Tribün verschidden Donnéeën ze ginn!

Et si verschidden Deputéiert, déi eis och ëmmer soen: „Hei, kënnt Der eis soen, wat dem SREL seng Missioune sinn?" De Prinzip vum SREL ass jo eng preventiv Missioun. An dofir ass et awer och immens wichteg, Här President, an ouni elo wëllen eppes ze verstoppen, mä dass awer och d'Aarbechte vum SREL op operationeller Basis musse kënnen diskret behandelt ginn, well soss huet et kee Wäert, e SREL ze hunn, wann een op der Place publique muss diskutéieren, wat se maachen.

Ech wëll just hei betounen - well et ass jo och gesot ginn, dass jo verschidde Mesurë ganz intrusiv sinn, wéi zum Beispill bei de Leit e Mikro kënnen ze installéieren oder eppes opzehuelen -, dat ass awer wierklech limitéiert am Paragraf (2) bei der Matière vun Terrorismus!

An ech hunn et schonn och op enger anerer Plaz gesot, Här President, dass et a mengen Ae fir d'Bekämpfung vum Terrorismus..., well et muss ee jo wierklech Punkten hunn! Et ass jo net, dass elo einfach e Sammelsurium vun Trojaner installéiert géife ginn oder vu Mikroe géifen installéiert gi bei Leit. Et muss jo schonn awer eng Indikatioun sinn, dass do eng Méiglechkeet och besteet, dass een an déi Richtung kéint goen an, wéi gesot, soubal Informatiounen do sinn, déi och un de Parquet weidergeleet ginn. Well mir sinn eis jo och do eens, dass dat déi sinn, déi dofir kompetent sinn. Dass déi also bedéngt si just fir en cas de terrorisme an deem dote Fall vum Paragraf (2), an dofir ass et a mengen Aen immens wichteg, dass mer och déi Moyenen eis ginn, fir awer den Terrorismus, och wann et intrusiv Moyene sinn, och kënnen ze bekämpfen.

Här President, ech ginn elo net op dee ganzen Historique an. Ech hunn et scho virdru gesot, déi meescht Riedner hunn et schonn zitéiert. Fir mech ass et wichteg, dass mer just elo... An ech wëll och net op d'Primm agoen. Mir hu gekuckt wierklech, de But ass jo net, fir iergendengem eppes ewechzehuelen! Hei gëtt jo gemaach, wéi wa mir d'Aarbecht vun de Mataarbechter vum SREL net géifen honoréieren. Et ass keen heibannen, kee vun deene 60 Deputéierten a vun den 18 Regierungsmemberen, deen der Meenung ass, dass d'Aarbecht vum SREL net eng schwéier Aarbecht ass an net eis Unerkennung soll kréien. Keen huet dat hei behaapt!

Mir hunn awer en Avis vum Statsrot kritt, deen de Risk mat sech bruecht huet, dass d'Primm ganz géif ewechfalen, wou duerno eng gréisser Zomm géif ewechfalen. An déi Leit vum SREL, mir sinn eis däers och bewosst... An ech mengen, d'Primme leie jo tëschent 21.600 a 27.600 Euro, wat eng Unerkennung och ass vis-à-vis vun där Aarbecht, déi se maachen. An elo, mat där Dispositioun, wou mer soss e Risk gehat hätten, dass Dausenden an Dausende vun Euro ewechgefall wären, elo, wou déi Primm jo, déi net pensionnabel war, als pensionnabel erkläert ginn ass, mécht dat en Ënnerscheed vun 147 Euro d'Joer.

Mir wollten net de Leit vum SREL déi Primmen - Prime d'astreinte oder Prime de risque oder déi Prime générale, déi se am Moment hunn - ewechhuelen, mä mir wollten déi verteidegen esou vill wéi mer konnten. An dofir, mengen ech, dass mer vis-à-vis vun deem Montant, deen ech elo just zitéiert hunn, déi 147 Euro, an deen nach, wéi scho vu verschiddene Leit hei gesot ginn ass, wann déi ganz Aarbecht iwwert d'Primmen diskutéiert gëtt... Mir musse kucken, wéi mer vläicht kënnen, fir dass d'Leit och näischt verléiere vis-à-vis vun der Aarbecht, déi se maachen, och bei de Leit vum SREL eng Léisung fannen.

Mä wéi gesot, dat doten, den Text wier soss blockéiert gewiescht, mir hätten eng Opposition formelle vum Statsrot kritt. A mir hunn eis och engagéiert - Dir wësst jo, dass och zwou Conciliatiounssitzungen och waren -, dass dat doten net de Prinzip ass, deen d'Regierung wëllt hunn. Au contraire! Mir wëlle kee Précédent heimadder schafen!

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech si frou, wa mer haut den Text stëmmen, mat deem mer e moderne Service de renseignement kréien. Mä ech wëll hei net ophalen, ouni lech awer ze soen, dass ech der Madamm Woltz an hirer Équipe, als Direktesch an zesumme mat all hire Mataarbechter, e grousse Merci wëll soen a virun allem och hei offiziell mäi Vertrauen ausdrécken. Et ass e Service, dee keng einfach Tâche huet. Et ass e Service, deen ech als Premierminister brauch fir eben déi wichteg Tâchen, déi an engem Statsministère och sinn, fir d'Sécherheet vun dësem Land ze garantéieren, an dee mat ee vun den Haaptakteuren ass.

An ech brauch se net nëmmen eleng als Statsminister, mir brauche se alleguerten, wa mer an enger Gesellschaft wëlle liewen, wou awer d'Libertéiten net duerch Fanatiker zerstéiert ginn oder an där net verschidde Leit, well se eben eis Wäerter, déi mir hunn, wëllen zerstéieren, dann op eng Kéier d'Iwwerhand géife kréien.

Dowéinst, et ass keng Observation politique, dat hei ass preventiv. An ech maachen der Madamm Woltz richteg Vertrauen, fir dass déi Aarbecht och gutt gemaach gëtt! Merci!

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och dem Här Statsminister.

An ech géif lech proposéieren, dann direkt zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6675 iwwerzegoen.

(Interruptions et hilarité)

Jo, wa mäin...

Plusieurs voix.- Et geet net!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Ah, voilà, d'Maschinn ass lancéiert!

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng)*.- Et ass en Trojaner drop.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6675 et dispense du second vote constitutionnel

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen.

(Brouhaha)

Plusieurs voix.- Mäin Apparat geet awer net!

M. Claude Haagen *(LSAP)*.- Dir musst ënnen do drécken!

Mme Claudia Dall'Agnol *(LSAP)*.- Aah oui! En ass awer gaangen!

Mme Nancy Arendt *(CSV)*.- Här President, den Apparat geet net!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Geet Ären Apparat net?

Mme Nancy Arendt *(CSV)*.- Ech hu keen Zougrëff.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Majo da maache mer dat manuell.

D'Ofstëmmung ass eriwwer. Ech hunn zwar déi 60 Stëmmen.

Mme Nancy Arendt *(CSV)*.- Et ass gaangen.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Ass et gaangen? Ah okay. Dat war d'Undroung.

Mme Nancy Arendt *(CSV)*.- Mat Retard.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Besser spéit ewéi ni.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- De Projet de loi ass mat 55 Jo-Stëmme géint 5 Nee-Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm (par Mme Martine Mergen), Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz (par M. Claude Wiseler), Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel (par M. Roger Negri), Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Eugène Berger), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini.

Ont voté non: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

An et bleift mer just nach d'Fro ze stellen, ob d'Chamber bereet ass, d'Dispens vum zweete Vott ze ginn.

(Assentiment)

Jo, dann ass dat esou décidéiert.

4. 6960 - Projet de loi portant création d'un Comité pour la mémoire de la Deuxième guerre mondiale et portant

1. modification de la loi modifiée du 25 février 1967 ayant pour objet diverses mesures en faveur de personnes devenues victimes d'actes illégaux de l'occupant;

2. abrogation de la loi du 20 décembre 2002 portant création d'un Centre de Documentation et de Recherche sur la Résistance;

3. abrogation de la loi du 4 avril 2005 portant création a) d'un Comité directeur pour le Souvenir de l'Enrôlement forcé; b) d'un Centre de Documentation et de Recherche sur l'Enrôlement forcé

A mir géifen zum leschte Punkt vun eisem Ordre du jour iwwergoen. Et ass de Projet de loi 6960 fir d'Schafung vun engem Comité fir d'Erënnerung un den Zweete Weltkrich. An d'Wuert huet direkt de Rapporteur, den honorabelen Här Bodry.

(Consultation interne)

5. 6675 - Projet de loi

1) portant réorganisation du Service de renseignement de l'État;

2) modifiant

- le Code d'instruction criminelle,

- la loi du 15 juin 2004 relative à la classification des pièces et aux habilitations de sécurité, et

- la loi du 25 mars 2015 fixant le régime des traitements et les conditions d'avancement des fonctionnaires de l'État

6589B - Proposition de loi modifiant 1. la loi modifiée du 15 juin 2004 portant organisation du Service de renseignement de l'État; 2. l'alinéa 1er de l'article 88-3 du Code d'instruction criminelle (suite)

Retrait du rôle des affaires de la proposition de loi n°6589B

Ah jo! Ech ginn dovunner aus, dass domat och d'Proposition de loi evakuéiert ass?

(Assentiment)

Voilà, dann ass dat esou décidéiert. Pardon! Et war esou selbstredend, dass ech d'Fro net gestallt hunn. Mä d'Äntwert ass ginn.

De Rapporteur huet d'Wuert, den Här „Boodry".

6. 6960 - Projet de loi portant création d'un Comité pour la mémoire de la Deuxième guerre mondiale et portant

1. modification de la loi modifiée du 25 février 1967 ayant pour objet diverses mesures en faveur de personnes devenues victimes d'actes illégaux de l'occupant;

2. abrogation de la loi du 20 décembre 2002 portant création d'un Centre de Documentation et de Recherche sur la Résistance;

3. abrogation de la loi du 4 avril 2005 portant création a) d'un Comité directeur pour le Souvenir de l'Enrôlement forcé; b) d'un Centre de Documentation et de Recherche sur l'Enrôlement forcé (suite)

Rapport de la Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle

M. Alex Bodry *(LSAP), rapporteur*.- Merci, Här... Bartolomeo!

(Hilarité)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Wéi hat Der gesot, Här „Boddry"?

(Hilarité)

M. Alex Bodry *(LSAP), rapporteur*.- Här Bartolomeus.

(Hilarité)

Här President - da si mer eis eens -, Dir Dammen an Dir Hären, et ass mer eng Freed, fir de Rapport hei virzedroe vun der zoustänneger Kommissioun zu dem Projet de loi 6960, wou et sech drëm dréit, fir hei zu Lëtzebuerg e Comité fir d'Erënnerung un den Zweete Weltkrich ze schafen.

Et ass mat dëser Diskussioun déi drëtte Kéier eigentlech, dass mer eis an engem relativ enken Zäitraum beschäftege mat Froe vun Zäitgeschicht, wéi mer mat der Zäitgeschicht ëmzegoen hunn a besonnesch och mat där Period wärend a ronderëm den Zweete Weltkrich. Dat

hu mer gemaach ronderëm de Rapport Artuso an d'Affer vun der Shoah. Et ass geschitt och iwwert d'Interpellatioun ronderëm den Institut fir Zäitgeschicht an eben och elo duerch dëse Gesetzesprojet, wou mer och déi Period vum Zweete Weltkrich hei tangéieren.

Déi Period, an ech géif vläicht soen, déi „Épreuve" vum Zweete Weltkrich huet besonnesch och fir Lëtzebuerg a seng Geschicht eng grouss Bedeitung. Si markéiert natierlech, an dat soll een nach fir d'Éischt ervirhiewen, ganz vill perséinlech Schicksaler, perséinlech Liewensgeschichten. Déi Épreuve vum Zweete Weltkrich huet och politesch d'Orientéierung gi fir déi Décisiounen, déi nom Krich ze huele waren, besonnesch och op internationalem an op européischem Plang. An déi Geschicht vum Zweete Weltkrich, déi Épreuve vum Zweete Weltkrich ass e staarkt Stéck vun eiser nationaler Identitéit, vun dësem Land an och vun der nationaler Identitéit vum Lëtzebuerger Vollek.

Affer sinn et der vill ginn; net nëmmen Affer. Mä et geet ëm d'Affer, iwwert déi mer haut bei dësem Projet schwätzen. Et sinn d'Deportéiert, et sinn d'Prisonéier, et sinn d'Resistenzler, et sinn d'KZler, et sinn d'Zwangsrekrutéiert, et sinn d'Judden, et ass d'Zivillbevëlkerung, ganz vill Leit, Gruppen, Eenzelner, deene Leed zougefüügt ginn ass an där doter Zäit.

Iwwer Zuele kann een nach ëmmer streiden, ech hu versicht, der e puer hei zesummenzeféieren. Et geet rieds vu 4.200 Deportéierter. Et geet rieds vu 4.000 Leit, déi am KZ oder am Prisong waren déi Zäit. Et geet rieds vun iwwer 10.000 zwangsrekrutéierte Männer an och engen 3.500 zwangsrekrutéierte Fraen - iwwert déi gëtt ganz wéineg geschwat, och dat wär eng weider Fuerschung wäert hei zu Lëtzebuerg. Et geet rieds iwwer 1.200 Judden, déi als Affer vun der Shoah ze gesi sinn, déi gestuerwe sinn an deem Krich.

Et ass also, mengen ech, net vu Muttwëll, dass mer déi Mémoire vun där doter wichteger Zäitépoque fir eist Land a fir vill Leit wëlle promouvéieren an dass mer do de Kader nei definéieren, an deem dat soll geschéien. An dat ass eben den eenzelnen Objet vun deem Projet de loi hei vun dëser Regierung.

Kommemoratioun, Dokumentatioun - sammelen, archivéieren - a Recherche, dat sinn déi dräi Elementer, déi ee muss auserneenhalen an déi awer iwwer iergende Punkt hei an deem Gesetzesprojet mat viséiert sinn.

D'Mémoire vun der Resistenz a vun der Zwangsrekrutéierung soll zesummegefouert ginn, an dat 70 Joer nom Enn vun deem Zweete Weltkrich. Dat heescht, dass mer op där enger Säit en neien, eenheetleche Comité fir d'Mémoire vun deem Zweete Weltkrich schafen, bedeit awer gläichzäiteg, dass besteeënd Strukturen, besteeënd Comitéen domadder ofgeschaaft ginn, an zwar de Comité directeur vun dem Souvenir de la Résistance, deen duerch d'Gesetz vun 2002 offiziell agesat ginn ass, an de Comité directeur, deen de Souvenir vum Enrôlement forcé betrëfft, deen 2005 per Gesetz offiziell agesat ginn ass.

Net méi bestoen an Zukunft wäerten och déi Dokumentatiouns- a Recherchezentren, déi un der Resistenz an um Enrôlement forcé hänken. Déi Recherche soll och méi konzentréiert ginn. Si soll an engem méi breede Kader an Zukunft kënne gefouert ginn an och mat méi Moyenen, méi enger Konzentratioun vu Moyene wéi dat de Fall ass, wann een dat op verschiddene Plazen a méi klengen Unitéite mécht. Dat ass jo eng vun den Aufgaben, déi deen neien Institut vun der Histoire du temps présent, vun der Zäitgeschicht soll maachen, an déi jo och schonn an de Centre virtuel de la connaissance sur l'Europe iwwerfouert ginn ass duerch e Gesetz, wat mer hei viru Kuerzem an der Chamber gestëmmt hunn.

Mä den Haaptpunkt ass, wéi gesot, dat neit representatiivt Organ, deen neie Comité, deen elo eng gesetzlech Verankerung kritt an deen dat neit representatiivt Organ gëtt fir d'Resistenz, fir d'Zwangsrekrutéierung, fir d'Affer vun der Shoah an insgesamt fir d'Affer vum Zweete Weltkrich.

Wat sinn elo d'Missioune vun deem neie Comité? Ech wëll se hei zitéieren aus dem Artikel 2:

«Le comité a pour mission:

a) de perpétuer la mémoire des événements de la Deuxième guerre mondiale;

b) d'intervenir auprès des instances publiques dans l'intérêt des résistants, des enrôlés de force, des victimes de la Shoah et des victimes de la Deuxième guerre mondiale en général;

c) de participer à l'organisation de la commémoration officielle de la Deuxième guerre mondiale;

d) de formuler des recommandations concernant l'organisation de la commémoration de la Deuxième guerre mondiale et l'identification et la valorisation des lieux de mémoire;

e) d'entreprendre des actions de sensibilisation du public et plus particulièrement de la jeunesse en relation avec la mémoire de la Deuxième guerre mondiale.» Enn vun dësem Zitat.

Doniewent ass et esou, dass d'Regierung och duerch dat Gesetz elo gehale gëtt, soubal si eng Initiativ wëllt huelen an dem Beräich vun der Erënnerung un den Zweete Weltkrich, dass se da muss den Avis vun deem dote Comité froen. An de Comité gëtt och consultéiert vun der Regierung, wat d'Organisatioun ugeet vun der Journée nationale du souvenir, déi also eng gesetzlech Verankerung heimadder kritt an déi och elo agesat gëtt, déi Journée nationale du souvenir, als déi offiziell jäerlech Kommemoratioun vum Zweete Weltkrich. Et féiert also dozou, dass déi Multiplikatioun vu Feieren, déi mer haut hunn zu verschiddenen Datumen, dass déi sech da wäert konzentréieren op deen Dag do, op déi Journée nationale du souvenir.

Wat nach, mengen ech, wichteg ze soen ass, ass, dass d'Regierung scho wäit ass an hire praktesche Virbereedungen, wat d'Ëmsetzung vun deem heiten Text ugeet. Dat ass och immens wichteg. An ech wëll och da belobegend ervirsträichen - well dat awer nach ëmmer keng allgemeng Regel ass, mä schéngt zu enger gudder Gewunnecht vun dëser Regierung ze ginn -, dass se de Règlement d'exécution, deen zu deem heite Gesetzesprojet geféiert, dee jo och praktesch zäitgläich muss publizéiert gi mat deem Gesetzestext, dass se deen och als Projet bäigeluecht hat bei d'Documents parlementaires, déi mer also konnte kucken.

An do huet d'Regierung jo och Suerg gedroen - si huet dat jo eigentlech och gemaach no Diskussiounen, no Verhandlunge mat deenen eenzelne concernéierte Kreesser -, dass et zu enger paritéitescher Zesummesetzung kënnt vun deem neie Comité. Et ass geplangt, dass dee Comité soll 18 Memberen hunn insgesamt an dann opgedeelt zu dräi gläichen Deeler, also sechs Vertrieder vun der Resistenz, vun den Zwangsrekrutéierten a vun de Vertrieder vun de Victimes vun der Shoah, mat all Kéiers och dann enger gläicher Zuel vu Suppléanten.

Dat ass zwar e grousse Grupp, mä ech mengen awer, dass dee Grupp sech wäert an der Praxis fannen, wann et drëm geet, fir konkret Aarbecht ze leeschten a senge Missiounen nozekommen.

Vu menger Säit aus, an ech mengen, ech schwätzen am Numm vun der ganzer Kommissioun, en décke Merci eigentlech fir dat Versteesdemech, wat all Akteuren hei un den Dag geluecht hunn, fir déi doten Zesummeleeung a méi rationell Organisatioun vun de Comitésstrukture guttzeheeschen. Dat ass net ëmmer einfach. Et ass vläicht och net jiddwereen iwwerzeegt vun där doter Noutwendegkeet. Mä et ass awer e richtegen a wichtege Schratt, deen hei gemaach gëtt, wann ee wëllt an enger ordonnéierter Form wierklech d'Erënnerung un déi Zäit vum Zweete Weltkrich oprechterhalen.

Wat elo de Volet vun der Dokumentatioun a vun den Archiven ugeet, sou ass et esou, dass de Gesetzestext haut virgesäit, dass mam Akraaftsetze vun deem heiten Text automatesch déi Dokumentatiounen, déi an deenen zwee besteeënden Dokumentatiounszentre sinn, den Nationalarchiven zougefouert ginn. Do kéint sech awer an der Praxis nach déi eng oder déi aner Schwieregkeet erweisen, well déi Propriétéitsfroe jo och musse geklëert sinn. Deen Transfer ka jo nëmme geschéien, wann och déi Zentre wierklech Propriétaire ware vun deenen Ënnerlagen. Wann do natierlech nach Privatpersoune sinn, déi selwer Propriétaire sinn, da kënnen déi net, mengen ech, hei enteegent ginn iwwert deen heiten Text. Also do ka sech nach an der Praxis deen een oder anere Problem stellen, deen awer, mengen ech, mat guddem Wëlle sécherlech ka geléist ginn.

Ech mengen, et ass sécherlech awer och do net falsch, fir op enger Plaz ze probéieren, all déi Dokumentatiounen do ze archivéieren, déi selbstverständlech, do ware mer eis och an der Kommissioun eens, musse weider en äänlechen Zougang behalen, wéi dat bis haut de Fall war an deenen Zentren, sief dat dee vun den Zwangsrekrutéierten, sief dat dee vun der Resistenz, wou se bis haut ënnerbruecht waren; natierlech am Respekt vun de gesetzleche Bestëmmungen. Et ass esou, dass hei soll den Droit commun spillen, wat den Zougang zu den Archiven an zu den archivéierten Dokumenter ugeet, fir dass och natierlech net nëmmen interesséiert Leit dat kënne kucken, mä och eng historesch Recherche weider kann op deenen Dokumenter gemaach ginn.

Eng Suerg, déi eis och zougedroe ginn ass, ass déi, dass soll Suerg gedroe ginn, dass an deem neien Institut fir Zäitgeschicht déi Period ronderëm den Zweete Weltkrich net vernoléissegt gëtt an där doter Recherche. Et si jo nach aner Objeten do, déi sollte prioritär gekuckt ginn. Do bleift awer, mengen ech, och fir d'Identitéit vum Land, fir eis alleguerten eng ganz wichteg Period, wou mer eis elo lues a lues druwoen, fir zousätzlech Aspekter ze kucken an eng wëssenschaftlech objektiv Recherche drop ze maachen. Déi Aarbecht muss weidergoen. An duerfir wär et sécherlech och vun Notzen, wann an engem Comité d'accompagnement bei dem Institut och kéinte Vertrieder vun deene concernéierte Parteie sech do och Gehéier verschafen.

Voilà, ech mengen, dat war dat, wat ech als Rapporteur hei zu deem Ganze ka soen. Et sinn nach Froen opgeworf ginn och an der Kommissioun, wat déi zukünfteg Affektatioun ugeet vun deene Gebailechkeeten, wou haut déi besteeënd Zentren dra sinn: d'Gare vun Hollerech, d'Villa Pauly. Ech denken, dass d'Regierung do wäert herno Explikatiounen um Enn vun dëser Debatt ginn.

Dat gesot, hat ech den Androck, dass wuel déi eng oder déi aner kritesch Bemierkung gemaach ginn ass, mä dass een awer kann dovunner ausgoen, dass dee Projet hei vun enger breeder Majoritéit vun dësem Parlament wäert gedroe ginn.

An duerfir géif ech och am Numm vun der Kommissioun proposéieren, dass mer deen heiten Text sollte stëmmen. An ech géif och gläichzäiteg den Accord vun der sozialistescher Fraktioun zu deem Ganzen abréngen.

Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Merci och dem Här Bodry. An d'Wuert huet elo direkt d'Madamm Octavie Modert.

Discussion générale

Mme Octavie Modert *(CSV).-* Här President, ech wëll dem Här Rapporteur Merci soe fir säi gudden an detailléierte Rapport, deen en eis elo ganz objektiv gemaach huet. Dat entbënnt mech dervun, e Koup Saachen ze soen, déi hie scho gemaach huet. Mir kënnen heibannen an aller Serenitéit diskutéieren iwwert dëst neit Gesetz, dat e Comité pour la mémoire fir den Zweete Weltkrich schaaft.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Zäit ass do, fir déi zwee Comités directeurs pour le souvenir zesummenzeleeën: dee vun der Resistenz an dee vun den Zwangsrekrutéierten. Mir hätten dat och gemaach. A mir haten et deemools och vu virera gesot.

Eng Dose Joren no den zwee Gesetzer vun 2002 an 2005, déi ënner anerem déi zwee genannt Organer geschafen hunn, de Comité directeur pour le souvenir de la Résistance an de Comité directeur pour le souvenir de l'Enrôlement forcé, 2002 respektiv 2005, an iwwer 70 Joer nom Enn vum Zweete Weltkrich sinn et d'Mémoire an de Souvenir, d'Erënnerung an d'Erënnerungskultur, déi och an Zukunft wichteg bleiwen a fir déi et gëllt ze suergen, fir datt déi Zäit vum an ëm den Zweete Weltkrich net vergiess gëtt, mat all de Léieren, déi draus ze zéie sinn.

Dat soll an Zukunft idealerweis zesumme gemaach gi vun all de betraffene Gruppen an Associatiounen. D'Eegestännegkeet vun deenen eenzelne Gruppéierunge gradesou wéi hir spezifesch Leide brauchen a sollen dofir net opginn ze ginn an net ënnerzegoen.

Dir Dammen an Dir Hären, d'CSV seet Jo zur Schafung vun engem eenzegen, jo gemeinsame Comité pour la mémoire. Mir begréissen och, datt den neie Comité sech aus dräi Gruppen zesummesetzt: der Resistenz, den Zwangsrekrutéierten an der jiddescher Communautéit. Déi jiddesch Gemeinschaft gëtt elo mat der Resistenz an den Zwangsrekrutéierten eng vun den dräi Gruppen, déi de Comité fir d'Erënnerung bilden.

Net, datt si virdrun net an néierens vertruede gewiescht wären, am Géigendeel! D'jiddesch Associatioune waren a bleiwe Resistenzorganisatiounen. Si ware Membere vum CNR, dem Conseil national de la Résistance, a vum CDSR, dem Comité directeur pour le souvenir de la Résistance. An zwar ganz aktiv Memberen! Si waren a sinn en integralen a prominenten Deel vun der Resistenz a si ginn elo mat dësem Text zu enger Grupp fir sech, separat, wat mir matdroe kënnen. Well ech hoffen an denke jo, datt et net soll ausgesinn, wéi wa se virdru kee Bestanddeel vun der Resistenz gewiescht wären.

D'Mémoire vun der Shoah waakreg- an héichzehalen, ass eng wichteg Aufgab. A wann déi nei, souzesoen dräifach Zesummesetzung vum Comité bedeit, datt hir eng extra Opmierksamkeet zoukomme géif, da si mir ëmsou méi d'accord domat.

Jo, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'CSV ass averstane mam neie Comité pour la mémoire an dofir gëtt d'CSV hir Zoustëmmung zu dësem Gesetzestext. Et ass allerdéngs en „Jo, mä...".

Mir soe Jo fir d'Schafe vum Comité pour la mémoire, well et dee richtege Wee ass 70 Joer nom Zweete Weltkrich, am 21. Jorhonnert. Dëst Zesummeleeën ass déi logesch Suite vun der Kreatioun 2002 vum Comité directeur vun der Resistenz an 2005 per Gesetz vum Comité directeur vun der Zwangsrekrutéierung, déi zesumme mat dem Asetze vu jeeweils engem Centre de documentation et de recherche eng nei Uluecht bedeit haten am Beräich vun der Erënnerung an der Fuerschung iwwert d'Zäit vum, virum an nom Zweete Weltkrich. Et war kloer, datt déi zwee spéiderhin zesummegeluecht géife ginn. Dat hate mir och hei an der Chamber gesot.

Et ass logesch an onévitabel, datt d'Comités pour le souvenir sech weiderentwéckelen. Et ass awer och kloer, datt d'Erënnerung muss lieweg gehale ginn. Ersatzlos sträiche wär net ubruecht gewiescht. A mir begréissen dofir ausdrécklech, datt d'Regierung den neien Erënnerungscomité gesetzlech asetzt. Well d'Erënnerung muss bestoe bleiwen. An dofir muss Erënnerungsaarbecht geleescht ginn. Dofir muss den Erënnerungscomité och méi si wéi nëmmen e representatiivt Organ.

Kee vun eis heibannen a just nach wéineger dobaussen hu selwer an der Resistenz oder am Krich gekämpft. Gott sei Dank, kënne mer soen! E puer heibanne just hunn de Krich nach erlieft. Mir sinn d'Nofolgegeneratiounen, déi derfir suerge mussen, datt d'Erënnerung, déi wuel mat der Zäit verblatzt, awer net verschwannen däerf. D'Erënnerung un den Zweete Weltkrich, un déi Zäit virun an nom Zweete Weltkrich, un heroesch Akten an där Zäit an un déi Akten, déi genau de Géigendeel dovunner waren, ob gewollt oder ongewollt, d'Erënnerung muss all Säite vun dëser Zäit beliichten a behandelen: déi, déi gär an zu Recht positiv véhiculéiert ginn, gradesou wéi déi, déi ënner Kollaboratioun a Matleefertum falen, déi schwaarz an déi wäiss Säiten, awer och déi gro Säiten - och d'Secheraushalen ass keen Heldenakt.

Mir däerfen all déi Säiten, sougutt positiver wéi negativer, net vergiessen! An dofir brauche mer mat a fir esou Erënnerungsaarbecht och eng objektiv a wëssenschaftlech Fuerschung an och weiderhin Opaarbechtung. Et geet net ëm Polemik, et geet net ëm Schönfärberei, egal vu wéi enge Säiten, mä ëm eng objektiv Duerstellung mat alle Pro a Kontraen. Nëmmen esou kënne mir d'Léieren, déi aus där Zäit ze zéie sinn an déi aus deenen Akte vu Widderstand an Akte vu Matmaachen oder Matlafen ze zéie sinn, och fir d'Zukunft verhalen.

Dofir wär et eigentlech richteg, wann d'Erënnerung an d'Fuerschung méi no beieneebleiwe géifen. Si ginn awer mat dësem Gesetz auserneegerappt. Déi zwee Dokumentatiouns- a Fuerschungszentren als solch ginn an dësem Gesetz einfach ofgeschaaft. Dat stéisst net esou op eist Averständnis.

Dofir awer muss den Erënnerungscomité wéinstens déi néideg Mëttele vun der Regierung zur Verfügung gestallt kréien, fir seng Aarbecht leeschten ze kënnen. Ech weess net, ob d'Schafe vun engem „service unique chargé de la commémoration", wéi et am Exposé des motifs steet, duergeet oder ob et de richtege Wee dofir ass. Erënnerungskultur muss all Säiten erfaassen: Resistenz, Shoah, Zwangsrekrutéierung, Kollaboratioun, si muss alles behandelen.

Dir Dammen an Dir Hären, mir soe Jo fir den Erënnerungscomité. De Moment ass komm dofir. Mä mir hu Froen a mir hu misse feststellen, datt ausser deem kuerzen Text vum Gesetz nach net vill festläit an dat Ganzt schlecht virbereet ass. Sou sinn et leider wéineg Äntwerten a wéineg zefriddestellend Äntwerten an der Chamberskommissioun op eis Froen un d'Regierung ginn. Dofir huet d'CSV sech och beim Rapport enthale missen.

Mir hu Froen un d'Regierung, Här Statsminister. Eng eminent Fro ass: Wéi gëtt iwwerhaapt dës Mémoire an Zukunft organiséiert? Wéi gëtt d'Erënnerungskultur inhaltlech an thematesch ugepaakt, perpétréiert a perpétuéiert? Wéi kann ee Sensibiliséierung maachen, Visibilitéit kréien? Wéi eng Aktioune si virgesinn?

Et ka jo net sinn, datt sech herno alles beschränkt op deen eenzegen Dag oder Datum vun deem nationale Gedenkdag vum Zweete Weltkrich an op e Kranz nidderleeën! Deen Dag muss mat spezifeschen Aktiounen zesummegoe vu Sensibiliséierung, Opklärung a politescher Bildung, déi sech natierlech och net just ronderëm deen eenzegen Dag konzentréieren däerfen. Et geet hei net mat Symbolik duer.

Eng aner Fro: Wéi ass et mat der Villa Pauly an der Hollerecher Gare? Wat geschitt mat deene Gebaier, déi awer Lieux de mémoire am rich-

tege Sënn vum Wuert sinn? Vläicht gi se net ëmmer genuch als dat gesinn, och net vun der breeder Ëffentlechkeet, erstaunlecherweis. Vläicht si se net genuch an der Mémoire collective. Wat kënnt an déi Gebailechkeeten dran? Dat misst haut scho feststoen an ech wär frou, wann de Statsminister sech géif hei an der Chamber festleeën. Och d'Associatioune wëlle wëssen, wou se dann elo dru sinn.

Et ass wichteg, datt dës Erënnerungsuerter eng ëffentlech Roll behale kënnen. De Serge Wilmes hat et scho gesot: Et sollt een d'Hollerecher Gare als nationale Mémorial fir d'Ëffentlechkeet zougänglech loossen, mat engem pädagogeschen a musealen Deel. D'Villa Pauly muss eng Destinatioun zesumme mam Comité pour la mémoire behalen a säi Sëtz ginn. Ech erënneren drun, datt de Serge Wilmes heibanne fir d'Schafe vun engem Département „mémoire et citoyenneté" plädéiert hat.

Une voix.- Ah.

Mme Octavie Modert *(CSV)*.- Vläicht, wann d'Regierung vu virera Faarf bekannt gehat hätt iwwert d'Zukunft och vun dëse Lieux de mémoire, wär d'Bereetschaft méi integral gewiescht, fir d'Dokumentatioun an d'Fongen och do ze loossen, déi zum Deel nach Privatbesëtz sinn oder Vereenegunge gehéieren. An dat huet och schonn de Rapporteur ugeschwat gehat.

Et ginn och nach aner Lieux de mémoire, sécherlech muss Fünfbrunnen och derzougehéieren. Wat ass hei virgesinn, in concreto ze maachen?

Eng aner Fro, déi sech stellt - fir mech ass se kruzial, well et ass kruzial, datt grad déi jonk Generatiounen erreecht ginn: Firwat also net gläich déi Jonk als Membere vum zukünftege Comité virgesinn an abannen als Grupp fir sech, mat deem engen oder anere Member? Bei 18 Membere kënnen et der och nach e puer méi sinn.

Wie gëtt an Zukunft den Uspriechpartner fir d'Resistenz vun der Regierung, elo wou et kee formaalt fëderatiivt Element méi gëtt, keen Daachverband vun alle Resistenzorganisatiounen? D'FONARES huet jo eng aner Roll, jiddefalls de Moment.

Firwat stoung et, bis elo ganz rezent, bis dëse Mount, net fest, wat genau mat den heitege Mataarbechter geschéie géif? D'Regierung huet jo scho méi laang gewosst, datt se se wéilt soss enzwousch hin- an asetzen. Firwat ass sech also net éischter drëm gekëmmert ginn? Och Personal si Mënschen! Do ass awer villes schlecht virbereet gewiescht.

Här President, mir hu Froen - ech hu se gesot -, mä mir hunn och Objektiounen. Et soll een d'Aarbecht - an et ass mer ganz wichteg, dat hei och ze ënnersträichen -, et soll een d'Aarbecht vun den zwee Comités directeurs a vun den zwee Dokumentatiouns- a Fuerschungszentre vu bis elo, déi déi Mënsche bis haut geleescht hunn, net klengrieden! Dat ass net nëmmen onwürdeg, dat ass och net richteg.

D'CSV ass och net averstanen, datt déi zwee Zentren einfach mat engem Fiederstréch, dat heescht mat engem Artikel an engem Gesetz, ofgeschaaft ginn. Beim Rapport hate mer eis jo och enthalen.

Et muss ee sech d'Fro stellen, firwat déi zwee Fuerschungs- an Dokumentatiounszentren net als solch weiderbestoen däerfen, zesummegeluecht natierlech, awer och ausgebaut a gestäerkt zu engem Moment, wou et kaum nach direkt Zeie gëtt, fir hir Erfahrunge selwer an direkt un d'Mënschen, besonnesch och un déi Jonk, kënne virunzeginn. Et gëtt natierlech nach e puer direkt Zeien. An esou ass et grad elo virdrénglech a ganz wichteg, fir hir Erfahrungen an Erlieftes ze sammelen an opzehuelen. An dat muss elo geschéien, an net a fënnef Joer! Dee Respekt musse mer de Krichsgeneratiounen entgéintbréngen. An dat ass net einfach Storytelling, mä dat ass evident, dat huet och de Robert Krieps scho gemaach. Et si wichteg Quellen, an déi brauch eng objektiv Historiografie.

Elo ginn awer déi zwee Dokumentatiouns- a Fuerschungszentren, aneschters wéi et am Regierungsprogramm steet, mat engem ganze Koup anere Recherceinstituter zesummegeluecht am IHTP, deem IHTP, Institut fir Zäitgeschicht, dee keen eegestännegt Haus ginn ass. Wéi kënne mer wëssen, datt den IHTP déi hei Saachen elo zäitlech virrangeg ugeet, esou wéi dat aus Zäitursaachen nun emol faktesch eben néideg ass? Well den Institut fir Zäitgeschicht muss sech elo emol selwer op d'Bee stellen an organiséieren, seng Aarbecht opstellen a säi Programm definéieren.

Wat gëtt also an deem neien interdisziplinären Institut prioritär erfuerscht? Dat huet mäi Kolleeg Serge Wilmes schonn e puermol heibanne gefrot gehat an nach ëmmer gëtt et keng Äntwerten heirop! Mir wëssen et jiddefalls nach net, mir hu se nach net gesot kritt!

A souwisou: Konzentréiert deen Institut sech elo méi op Zäitgeschichtsfuerschung oder méi op digital Geschichtswëssenschaft? Priméieren d'„histoire numérique" an d'„digital humanities" oder d'Erfuerschung vun der zäitgenëssescher Geschicht? Déi Fro drängt sech nach méi op elo, wou den neien Direkter bekannt ass. Hien ass sécher ganz kompetent, hoffentlech souguer eng Koryphäe op dem Gebitt vun den „digital humanities". Et heescht och, en hätt noweislech Sensibilitéit fir déi spezifesch Lëtzebuerger Zäitgeschicht. Mä ech hoffen dat! Dat muss och esou sinn!

Awer d'Digitaliséierung vun de Quellen däerf net d'Opschaffe vun de Quelle priméieren, scho guer net ersetzen. International si scho Stëmmen, déi insgesamt fäerten, datt d'„digital history" zur Method stiliséiert géif ginn an zur Trivialiséierung vun der Geschicht féiere géif. Tatsächlech däerf et net bei den Digitaliséierungsmëttele bleiwen, déi däerfen net d'Interpretatioun an esou weider vun de Quellen ersetzen. Déi Aarbecht mussen d'Historiker ëmmer nach maachen, a selwer maachen, ouni digital Mëttelen.

Ech hat an der Kommissioun gesot, wéi d'Regierung den Deputéierten d'Virgoensweis an d'Délaien, fir deen neien Direkter ze rekrutéieren, ziele komm ass, ech hat du gesot, da géif ee wuel scho wëssen - op Basis vun deem, wat mer gewuer gi waren -, da géif ee wuel scho wëssen, wien den neien Direkter géif ginn. Ech schénge recht ze behalen, elo wou den Ausgang vun der international ausgeschriwwener Rekrutéierungsprozedur virläit. Et deet mer leed, mä da muss ee froen, firwat déi Plaz net einfach intern ausgeschriwwe ginn ass, amplaz eng international Prozedur ze lancéieren! Ech hoffen, datt dat kee Schiet op den zukünftegen IHTP a seng Renommee gehäit.

D'Uni.lu soll och net hei am Land de Monopol vun der Geschichtsfuerschung hunn, och wa se wuel a roueg a sécherlech a selbstverständlech eng virrangeg Roll doranner spille soll. An et ass gutt, datt se och haut schonn en Akzent op d'Geschichtsfuerschung a besonnesch d'zäitgenëssesch Geschichtsfuerschung geluecht huet.

Sou sinn och Fuerderungen - de Rapporteur huet et och scho gesot - no engem berodende Gremium beim IHTP, ouni Agréffméiglechkeet natierlech, opkomm, notamment aus de Reie vun Associatiounen, déi elo am Comité de la mémoire zesummegefouert ginn. Oder ass - meng Fro un d'Regierung - de Comité d'accompagnement, vun deem virgesinn ass, datt e bei den IHTP kënnt, ass deen esou ze verstoen?

Et läit, Dir Dammen an Dir Hären, also an Zukunft eng grouss Verantwortung op de Schëllere vum Institut fir Zäitgeschicht. Den Erwaardungsdrock ass grouss. Hoffentlech kënne se em gerecht ginn, well et ass eng wichteg Fro fir eist Land, am Kontext vun där Zäit, iwwert déi mer haut diskutéieren, an och am Kontext vun der zäitgenëssescher Geschichtsfuerschung als solcher.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir sinn net just méi wéi 70 Joer nom Enn vum Zweete Weltkrich, mä och 100 Joer genau no Verdun. Den Éischte Weltkrich huet och den Zweete Weltkrich konditionéiert.

Et ass dofir ëmsou méi wichteg, datt mir och haut nach d'Léieren dorauser zéien, ëmsou méi wichteg, datt d'Fuerschung doriwwer objektiv a wëssenschaftlech, schounungslos, mä ëmfaassend a komplett mat de richtege Konklusioune gefouert gëtt, ëmsou méi wichteg, datt mir déi richteg Léieren draus zéie kënnen an also ëmsou méi wichteg, datt Erënnerungsaarbecht gemaach gëtt, gutt opgestallt gemaach gëtt, mat verstännegen a genuch Mëttelen, fir et gutt un déi Jonk an un déi zukünfteg Generatioune kënne virunzeginn.

Ëmsou méi wichteg ass et, datt mir de Friddensprojet Europäesch Unioun, deen direkt aus de Feindséilegkeete vun der éischter Halschent vun 20. Jorhonnert entstanen ass, net erofmaachen an net nëmmen op ekonomesch a bürokratesch Momenter reduzéieren. Europa ass méi, ass méi wéi Argumenter fir e Brexit, Europa muss och fir Demokratie an demokratesch Wäerter gesi ginn!

An ëmsou méi wichteg ass et, schliisslech an endlech, datt mir eis géint Revisionismus wieren!

Här President, no vir kucke mat de Léieren aus dem Zréckkucken, net vergiessen, mä verstoen a verbesseren. No Verdun an no Auschwitz ass et ëmsou méi wichteg, datt mir eis fir Fridden, demokratesch Wäerter an Zesummenhalt an der Gesellschaft asetzen, an och dozou muss a soll d'Erënnerung bäidroen an den Erënnerungscomité, dee mir mat dësem Gesetz hei schafen.

Här President, d'CSV stëmmt dëst Gesetz. Dir Dammen an Dir Hären, ech soen lech Merci fir Äert Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och der Madamm Modert. An d'Wuert huet elo direkt den Här Lex Delles. Här Delles, wann ech gelift!

M. Lex Delles *(DP)*.- Merci villmools, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll fir unzefänken dem Rapporteur, dem Alex Bodry, e grousse Merci soe fir säi mëndlechen a schréftleche Rapport.

All Land huet seng Geschicht. D'Geschicht ass, wat ee Land ausmécht, wat d'Fundament vun der eegener Identitéit ass. Si besteet aus Héichten an awer och aus Déiften. Den Zweete Weltkrich gehéiert zu den däischteren, jo souguer zu deem däischtersten Deel vun eiser Geschicht.

Ech selwer kennen dësen Deel vun der Geschicht nëmmen iwwert de Geschichtsunterrecht am Fondamental oder duerno am Lycée, iwwert déi Gespréicher, déi ech mat mengem Bop a menger Bom konnt hunn, awer och iwwert déi ganz vill Initiativen, déi et uechtert d'Land ginn an déi et sech zur Aufgab gemaach hunn, d'Erënnerung un d'Geschicht vum Zweete Weltkrich an Éiren ze halen.

Virun engem Joer, op den Dag genau, gouf hei en Débat d'orientation iwwert de Rapport Artuso gefouert. Och wann dëse Rapport d'Roll vun der Verwaltungskommissioun ënnert dem Naziregimm analyséiert huet, war ech deemools als Spriecher vun der Demokratescher Partei awer och op d'Wichtegkeet vun den Devoirs de mémoire agaangen.

Ouni ze wëssen, vu wou een hierkënnt, ouni Wuerzel weess een net, wien een ass. Et ass wichteg, sech bewosst ze bleiwen, dass dat, wat deemools geschitt ass, een Deel vun onser Geschicht ass an dat och zu eiser Identitéit gehéiert. Et ass wichteg, sech ëmmer nees virun Aen ze féieren, wat den Zweete Weltkrich fir Lëtzebuerg bedeit huet, fir an Zukunft esou eng Entwécklung gläich am Keim ze erstécken. Dëst Bewosstsinn ass de Grondstee vun eiser Fräiheet a vun eiser Verantwortung.

Wat virun engem Joer nach an de Gespréicher war, kritt haut endlech eng legislativ Basis. Mat der Zäit, déi vergeet, gi leider och déi lescht Zäitzeie vun dëser Welt. An de verschiddene Comitéé ass mëttlerweil déi zweet oder drëtt Generatioun vertrueden. Ech wëll op dëser Plaz nach eng Kéier hiert wichtegt Engagement am Kader vun der Sensibilisatioun an der Opschaffung ënnersträichen.

Net nëmmen ass et un der Zäit, den Travail de mémoire weiderzeféieren, mä et war och wichteg, dass mer eis Gedanke gemaach hunn, wéi d'Mémoire weidergefouert soll ginn. Een Deel vum Projet wor et jo, d'Mémoire vun der wëssenschaftlecher Fuerschung ze trennen. Erlaabt mer, méi spéit a menger Ried nach eemol op dëse wichtegen Aspekt anzegoen.

Deen aneren Aspekt ass et, dass mam neie Comité pour la mémoire de la Deuxième Guerre mondiale sech de Comité directeur pour le souvenir de la Résistance an de Comité directeur pour le souvenir de l'Enrôlement forcé zesummefannen. Mä och déi jiddesch Communautéit wäert am Comité vertruede sinn.

D'Aufgab vum neie Comité ass et jo och, fir niewent der Mémoire vun der Resistenz an dem Enrôlement de force och déi vun der Shoah um Liewen ze halen an ze vermëttelen. Sou wäerten déi ëffentlech Autoritéiten an Zukunft een eenzegen Uspriechpartner hunn, wann et ëm d'Interessie vun dësen Akteure geet, oder vun den Affer vum Zweete Weltkrich am Allgemengen.

D'Symbolik bei dëser Zesummesetzung ass och eng ganz staark. D'Geschicht vum Zweete Weltkrich ass net deem enge seng Geschicht oder deem anere seng Realitéit gewiescht, mä déi vum ganze Land, vun alle Bierger.

Grad elo ass et wichteg, vereent hannert dëser gemeinsamer Mémoire ze stoen, fir dass déi jonk Generatiounen, déi den Zweete Weltkrich ganz wäit ewech gesinn, sech ëmmer nees bewosst ginn, dass d'Geschicht vu Lëtzebuerg ënnert der Okkupatioun aus ganz ville verschiddene Schicksaler bestanen huet an dass et dës ganz verschidde Geschichte sinn, déi eist Land zu deem gemaach hunn, an deem si haut liewen, wat et eben haut ass, do wou si haut sinn, a fir dass se ni solle vergiessen, wat ka geschéien, wann een déi verschidde Schicksaler gesäit, wéi déi sech entwéckelt hunn.

Op dëser Plaz ass et ubruecht, all den Akteure Merci ze soen, dass si sech bereet gewisen hunn, vereent hannert dëser gemeinsamer Cause ze stoen, och wann deen een oder deen aneren e bëssen dobäi agebéisst huet. Lëtzebuerg huet eng eenzeg Geschicht, déi aus villen Deeler besteet, aus Deeler, déi mat vill Leed gefëllt sinn an och aus der Perspektiv vun de Resistenzler, den Enrôlés de forces oder der jiddescher Communautéit weider musse gezielt ginn, mä déi all zesumme mussen eng eenzeg Mémoire bilden. Merci hinnen, dass si d'Mémoire vun eis all an de Vierdergrond stellen!

Der Demokratescher Partei ass et immens wichteg, d'Geschicht am Zesummenhang mam Devoir de mémoire a besonnesch d'Geschicht vum Zweete Weltkrich pädagogesch ze vermëttelen. Ganz villes aus där Zäit präägt eist Land haut nach.

Ee Beispill nëmmen: Wéi vill wëssen der haut dann nach, dass de Groupement patriotique et démocratique, dee souzesoen de Virreider vun der heiteger Demokratescher Partei war, aus de Folge vum Zweete Weltkrich entstanen ass mam Zil, zur Souveränitéit an zum Neesopbau vu Lëtzebuerg bäizedroen?

D'Demokratesch Partei begréisst och d'Schafung vun engem neien nationalen Dag vum Souvenir. Dës Entscheedung läit op enger Linn mat den Iwwerleeunge fir d'Schafe vum Comité pour la mémoire de la Deuxième Guerre mondiale. D'Aufgab vum Comité wäert et ginn, dësen Dag ze gestalten. Ech si mer sécher, dass si dës Aufgab mat grousser Responsabilitéit wäerten ëmsetzen. An ech freeë mech elo schonn - souwäit een dat Verb „freeën" kann an deem heiten Zesummenhang huelen - op déi ganz sécherlech émouvant Zeremonie.

Här President, de Gesetzesprojet, iwwert dee mer haut ofstëmmen, ass eng weider Etapp um Wee, fir den Ënnerscheed tëschent dem Vermëttele vun der Mémoire an der historescher Fuerschung iwwert d'Evenementer vum Zweete Weltkrich ze maachen. Dass dat eng wichteg Trennung ass, gesäit een och an aneren Deeler vun der Welt, wou d'Opschaffe vun der Vergaangenheet och en Thema ass.

Erlaabt mer op dëser Plaz, vun der Ried vum amerikanesche President Barack Obama Ufank Mee a Japan ze schwätzen. Fir déi éischte Kéier ass en amerikanesche President op déi Plaz gaangen, wou 71 Joer virdrun Amerika eng Atombomm erofgehäit huet. Et ass hei net ëm Scholdzouweisung oder Entschëllegung gaangen. D'Zeremonie am Hiroshima Peace Memorial war do, fir d'Mémoire vun den onschëllegen Affer an Éiren ze halen. An deem Kontext huet de Barack Obama drun erënnert, dass egal bei wéi enger Fro iwwert d'historesch Responsabilitéit et d'Aufgab vun den Historiker ass, dës Fro ze stellen an ze analyséieren.

An deem Kontext ass an der Chamber nach kierzlech iwwert d'Recherche vun der zäitgenëssescher Geschicht debattéiert ginn, woubäi mäi Kolleeg, den André Bauler, op d'Schafung vum Institut fir Zäitgeschicht agaangen ass. Hien huet op déi besonnesch Verantwortung vun dësem Institut higewisen. Seng Aufgab ass et, Themen aus eiser Geschicht opzeschaffen, déi bis ewell net ugepaakt goufen. Themen, déi bis ewell marginal behandelt goufen - an den Här Rapporteur hat virdrun nach vun esou engem Thema geschwat -, brauchen eng wëssenschaftlech Approche, wa mer eis e komplett an objektiivt Bild vun enger Situatioun, besonnesch hei vun der Geschicht vun eisem Land wëlle maachen.

D'Erkenntnisser vun dësen Etüden dierfen net nëmmen a Fachkreesser bleiwen, mä musse vulgariséiert ginn an hire Wee an d'Schoulen an d'Lycéeën an awer och an déi ganz Sociétéit maachen. Op dëser Plaz wëll ech nach eng Kéier déi wichteg Aufgab vun eisen Enseignanten ënnersträichen, sief et am Fondamental oder am Lycée, déi hire Schüler d'Geschicht vun eiser Natioun méi no bréngen. A grad an dësem Kontext ass et schonn, an ech si mer sécher, wäert et och weiderhin eng ganz gutt Zesummenaarbecht ginn.

Här President, ech sinn der Meenung, dass eng Diskussioun ëm en Thema wéi dat, ëm dat et haut geet, wierklech keng parteipolitesch Commentairë brauch. Ech sinn awer elo e bëssen iwwerrascht iwwert d'Aussoen, déi d'Madamm Modert hei gemaach huet! Si kennt de Milieu dach. Elo klëngt et hei, wéi wann alles schlecht wier, wat elo doläit. Et ass awer e bëssen de Monde à l'envers! Ech muss wierklech soen, dass et an der Kommissioun eng ganz konstruktiv Diskussioun war, déi do gefouert ginn ass. An et erfreet mech awer dann ze héieren, dass d'CSV-Fraktioun wäert fir dëse Projet hei stëmmen!

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Madamm Modert?

Wann Dir erlaabt, Här Delles?

M. Lex Delles *(DP)*.- Jo, jo.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci.

Mme Octavie Modert *(CSV).*- Här President, well den Här Delles mech ugeschwat huet: Et ass wouer, datt et eng sereine Diskussioun an der Kommissioun war. Just, ech kann nëmme feststellen, datt mir op déi Froen, déi mir haten, iwwerhaapt keng Äntwerte kritt haten!

(Interruption par M. Eugène Berger)

Dach, Här Berger, et ka sinn, datt Dir net opgepasst hat.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Oh, wann ech gelift!

(Hilarité, protestations et exclamations diverses)

Wann ech gelift, wann ech gelift, mir hunn elo de ganze Mëtten e gudden Toun an dëser Chamber hei gehat a mir fänken elo net mat eppes anerem un!

Mme Octavie Modert *(CSV).*- Mä Dir wësst och, Här Delles, datt mer keng Äntwerte kritt haten. An dat ass, firwat ech awer, mengen ech, hei nach hunn einfach däerfe Froe stellen, op déi mer jo elo vläicht Äntwerten haut wäerte kréien! Merci.

Une voix.- Très bien!

M. Lex Delles *(DP).*- Ech fannen et ganz..., iwwert déi Froen, déi gestallt gi sinn, si sécherlech och Äntwerte komm. Et si verschidden Detailfroen, déi net konnten integral beäntwert ginn. Mä ganz wichteg ass et awer..., an et kann ee sécher diskutéieren, ob elo genau d'Missioune vum Comité bis op dee genausten - dat war eng Fro -, bis op dee leschten Dibbelchen erkläert gi sinn. Ech gesinn et awer e bëssen - dat war eng vun de Froen -, ech gesinn et awer e bëssen anescht!

Dësem Comité hei gëtt wierklech Vertraue geschenkt, d'Vertrauen, mat der Verantwortung vun der Mémoire ëmzegoen; wat se och bis elo schonn ëmmer gemaach hunn. E Comité, an deem dräi verschidden Akteuren zesummekommen, dräi Akteuren, déi dat nämlecht Zil hunn, an zwar géint d'Vergiessen ze handelen an eis Mémoire ze vermëttelen, wäert mat ganz grousser Wahrscheinlechkeet den Erwaardunge gewuess sinn an en cours de route seng eegen Identitéit nach fannen an a villen Initiativen wäert en och aktiv sinn.

An et muss ee soen, dass ech och an der Zeitung d'lescht Woch gelies hunn, dass d'Regierung dëse Projet iwwert de Knéi gebrach hätt, sech net grëndlech mat der Problematik auserneegesat hätt. Ech mengen, et ass souguer deelweis de Mëtten nach ugeschwat ginn; wann net, da verbessert mech! Ech wëll hei just drun erënneren, dass am Koalitiounsprogramm den Aspekt vun der Trennung tëschent dem wëssenschaftlechen Opschaffe vun der Geschicht an dem Devoir de mémoire opgegraff ginn ass an och drastoung.

D'Ofstëmmung haut beweist jo, dass sech Zäit gelooss gouf, fir mat de betraffenen Akteuren ze schwätzen a fir dat ideaalt Konzept auszeschaffen. An an deem Sënn ginn ech och den Accord vun der Demokratescher Partei zu dësem Projet de loi.

Ech soen Iech Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Delles. An d'Wuert huet direkt den Här Claude Adam.

M. Claude Adam *(déi gréng).*- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, mir schafe mat dësem Gesetz ee Comité, fir dem Zweete Weltkrich ze gedenken, an dëse Comité ënnersteet dem Statsminister. Dat ass fir déi gréng virun allem och en historesche Moment. An esou een historesche Moment, dee kann een honoréieren, oder och net, et kann een en och klengrieden.

Dee Comité, dee mer hei schafen, dee vertrëtt d'Lëtzebuerger Resistenzler an d'Zwangsrekrutéiert. Mir hate bis elo zwee verschidde Comitéen, mir haten eng fragmentéiert Zeen, an do maache mer elo eng Unitéit draus.

Ech hunn och de Mëtteg keen héieren, deen déi Aarbecht, déi déi zwee Comitéë gemaach hunn, klenggeriet hätt. An ech mengen, mir hunn déi alleguerten unerkannt. An ech bleiwen derbäi, déi gréng fannen et gutt, datt mer elo déi zwou Organisatiounen an engem Comité hunn. Et misst elo fäerdeg si mat den Divergenzen, déi aus enger vun heiteger Siicht aus vläicht awer komescher Mëschung vu Jalousie entstane sinn. Merci den Akteuren, datt se bereet sinn, dee Schratt hei matzegoen.

(M. Henri Kox prend la présidence.)

Mir begréissen als Gréng och ausdrécklech, datt och d'Vertrieder vun den Affer vun der Shoah, also de jiddeschen Affer vun der geziilter Exterminatiounscampagne vum Naziregimm, an dësem Comité vertruede sinn. Do hu mer jo awer laang gebraucht, bis mer d'Affer vun der jiddescher Communautéit mat deenen aneren Affer gläichgestallt hunn. Déi offiziell Unerkennung vum Leed vun der jiddescher Communautéit ass jo eréischt zwee, dräi Joer al. De Rapport Artuso ass och hei ernimmt ginn.

De 16. Oktober 2016, wa meng Informatioune richteg sinn, ass e grousse Statsakt geplangt, fir un den Oftransport deeselwechten Dag am Joer 1941 vun iwwer 300 Judden ze erënneren, vun deene 95% net méi erëmkomm sinn.

Mir brauche keng Compétitioun, wien am meeschte gelidden huet. Den Zweete Weltkrich war déi däischterst Zäit an der rezenter europäescher Geschicht an eng Period vu Misär, Leed an Trauer fir Lëtzebuerg. Eist Land war haart getraff vun iwwer véier Joer Okkupatioun.

Haut, méi wéi 70 Joer méi spéit, si mer politesch souwäit, fir ee gemeinsame Comité ze maachen, deem säin Optrag et ass, un all d'Affer, un d'Leed vum Zweete Weltkrich ze erënneren an d'Erënnerung lieweg ze halen. Dat steet esou an der Regierungserklärung a mir begréissen dat ausdrécklech.

Dëse Comité, deem mer haut eng legal Basis ginn, huet als Aufgab - a säin Numm ass Programm -, fir d'Erënnerung un den Zweete Weltkrich waakreg ze halen. Dozou gehéiert, datt de Comité d'Interesse vun den Affer bei den ëffentlechen Instanze vertrëtt. Dozou gehéieren och d'Organisatioun vu Kommemoratiounsfeieren, nationalen a lokalen, an d'Valorisatioun vu Gedenkstätten, vu Lieux de mémoire.

Natierlech sinn all déi Froen, déi och d'Madamm Modert opgeworf huet, berechtegt, mä mir kréie se awer net alleguerte mat deem Gesetz hei geschaaft (veuillez lire: geléist). Zum Beispill eng vun de wichtegen - ganz wichtegen - Aufgabe vum Comité ass och, d'Sensibiliséierungsaktioune fir d'Ëffentlechkeet ze maachen, fir datt den Zweete Weltkrich net vergiess gëtt, an dat och speziell bei jonke Leit. Mir mengen, datt dat wichteg Missioune sinn, déi dee Comité huet, an datt dat awer och nach alles keng einfach Missioune sinn.

Haut feele ganz oft perséinlech Relatioune bei ville Lëtzebuerger zu den Evenementer vum Zweete Weltkrich. Déi authentesch Geschichten, déi ech zum Beispill nach vu mengen Elteren a Monnien an Tattaen erzielt kritt hunn, déi krute meng Kanner nëmme méi zum Deel vun hire Grousselteren erzielt. An et wäerte kaum nach Zäitzeien do sinn, fir hire Kanner eng Kéier aus éischter Quell iwwert d'Zäit vum Zweete Weltkrich erzielen ze kënnen. Dat ass deen ee Problem, dee mer hunn: d'Zäit, déi vergeet. D'Zäitzeie ginn ëmmer méi rar. An natierlech solle mer esou vill wéi méiglech festhalen, esou vill wéi mer kënnen.

Et ass awer nach eng weider Entwécklung an eiser Gesellschaft. Mir hunn haut scho mindestens d'Halschent vun der Populatioun, där hir Elteren oder Grousselteren an der Zäit vun 1940 bis 1945 net zu Lëtzebuerg gewunnt hunn. Wa mer also d'Kommemoratioun op der ëffentlecher Plaz feieren, musse mer eis Gedanke maachen, wéi mer all d'Awunner kënnen uspriechen. Et gëtt kee Land op der Welt, wou net och grujelech Passagen an der Geschicht waren. Mir sinn net déi Eenzeg hei zu Lëtzebuerg, déi eng Period vu Misär, Leed an Trauer kannt hunn.

D'Commémoration nationale ass natierlech eng Kommemoratioun fir Lëtzebuerg, mä mir hunn awer en Interessi, datt och déi Leit sech do erëmfannen, deenen hir Virfahren eppes anescht op enger anerer Plaz erlieft haten.

Mir fannen et richteg, datt mer elo engersäits e Comité hunn, fir d'Erënnerung un den Zweete Weltkrich lieweg ze halen an anerersäits viru knapp zwee Méint en IHTP geschaaft hunn, dat sech och oder ënner anerem a virun allem mat der Recherche iwwert d'zäitgenëssesch Geschicht auserneesetzt. An do gehéiert och den Zweete Weltkrich derzou. Den Här Bodry huet dat gesot.

An da profitéieren ech och vun der Geleeënheet, fir dem Här Bodry Merci ze soe fir säi Rapport an och seng Bemierkungen iwwert den..., en huet d'Zuelen opgezielt vun den Affer, déi den Zweete Weltkrich fir Lëtzebuerg hat. An ech sinn och absolutt mat him averstanen - ech mengen, mir sinn alleguer domat averstanen -, datt fir d'Identitéitsfannung vun de Lëtzebuerger den Zweete Weltkrich ee ganz wichtege Moment war.

Mir hunn och nach e Musée de la Résistance zu Esch, dee renovéiert a vergréissert gëtt, an e Militärmusée zu Dikrech. Mir sinn amgaang, en Zentrum fir politesch Bildung opzebauen. Mir hunn also ganz vill Akteuren an zum Deel och nei Strukturen, déi sech mat eiser Geschicht befaassen. Mir sinn ze kleng, fir datt mer eis et kënne leeschten, eleng ze schaffen.

Mir wënschen eis, datt all déi Akteuren, déi ech elo opgezielt hunn, an och déi, déi ech eventuell vergiess hunn, zesummeschaffen an och dem Comité pour la mémoire de la Seconde Guerre mondiale zur Säit stinn, fir datt d'Erënnerung un eis Vergaangenheet eis et erlaabt, engagéiert, solidaresch an human d'Erausfuerderunge vun der Zukunft unzegoen, fir d'Kommemoratioun vum Zweete Weltkrich, datt se eis sensibiliséiert a bestäerkt an eisem Engagement fir eng friddlech Zukunft.

(M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.)

Ech soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet an ech bréngen den Accord vun der grénger Fraktioun zu dësem Gesetz.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Adam. An d'Wuert huet elo den Här Fernand Kartheiser.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, vun eiser Säit aus och fir unzefänken e Merci un den Här Bodry fir de Rapport iwwert dëst Gesetz.

Et ass e Gesetz, vun deem een, wann een deene verschiddenen Orateuren nolauschtert an och d'Texter liest, eigentlech net richteg d'Noutwendegkeet erkläert kritt. Et bleift e bësse schwiewen, firwat mer dat do elo musse maachen. Et gëtt op de Regierungsprogramm verwisen. Et gëtt gesot, datt Mémoire a Recherche solle getrennt ginn. Mä da gëtt och hei vu verschiddene Leit betount jo, datt dat awer u sech eng gutt Aarbecht ass, déi geleescht ginn ass - dat eigentlech iwwerzeegend Argument, firwat deen aktuelle System muss geännert ginn, dat feelt an der Duerstellung. An et ass eigentlech déi éischt Fro, déi mer eis stellen: Firwat dat doten?

Et gëtt gesot, d'Recherche soll an Zukunft scientifique sinn, mat neien Adjektiven derbäi: critique, complète an objective, mä dat sinn einfach Attribute vun all Recherche scientifique. An et gëtt ganz vill Onkloerheeten: iwwert d'Lieux de mémoire - d'Madamm Modert hat schonn dovu geschwat -, iwwer villes eigentlech.

Wann een elo kuckt iwwert déi lescht Méint, wat dës Regierung gemaach huet an dem Beräich vun der Geschicht a vun der akademescher Fuerschung, da muss een zwar soen, datt se, jo, hire Regierungsprogramm agehalen huet, awer wéi gesot - mir hate schonn e puermol hei driwwer geschwat - eng ganz Rei vu kompetenten, respektéierte Fuerschungsinstituter ofgeschaaft goufen. An dat, wat mer haut hei maachen, dat setzt dann och erëm e Schlussstréch ënnert d'Fuerschung an där Form, wéi mer se bis elo haten, vum Enrôlement forcé a vun der Resistenz.

Firwat dat gemaach gëtt, dat wäerte mer eréischt no enger gewëssener Zäit gesinn. Mir haten an e puer Diskussiounen drop opmierksam gemaach, datt mer an enger Zäit liewen, wou eis Geschicht dekonstruéiert gëtt. An et muss ee sech wierklech froen, ob dat net nach méi wäit geet.

Mir hu mat deem Institut d'histoire du temps présent eng Rei och nei Onsécherheeten. Mir wëssen haut net, ob déi lëtzebuergesch Geschichtsschreiwung do esou gefleegt gëtt, wéi mer et gewinnt sinn a wéi mer et mat Recht erwaarden. Och d'Nominatioun vum Direkter, dee bestëmmt eng ganz kompetent Perséinlechkeet ass, wërft Froen op, wann ech déi Interviewe liesen, déi e selwer ginn huet, a seng Approche zu enger ganzer Rei vun deenen Erausfuerderungen, déi e muss elo konfrontéieren. Ech wëll dat elo net alles zitéieren. Mä mir wäerte sécher an deenen nächste Méint a Joren ëmmer erëm missen e kritesche Bléck op d'Universitéit werfen an eis déi Fro stellen, wéi do d'Lëtzebuerger Geschicht behandelt gëtt a wéi e Stellewäert se wierklech huet.

D'Archiven, d'Fro vun der Propriétéit vun den Dokumenter: Wat dem Stat net gehéiert, doriwwer kann en och net verfügen. Lieux de mémoire: d'Villa Pauly, d'Hollerecher Gare, d'Pafemillen - alles onbeäntwert Froen!

A mir sinn an der ADR e bëssen an engem anere Reflex wéi d'CSV. D'CSV huet och eng ganz Rei Froen opgezielt, op déi se keng Äntwert kennt, a seet awer an der Konklusioun: „Mir stëmmen derfir." Mir soen als ADR: Soulaang mer déi Froen net beäntwert kréien, déi fir eis awer wichteg sinn a fir eis national Geschicht, fir eis Sensibilitéit, fir d'Leidensgeschicht vun esou ville Leit an dësem Land, wa mer net wëssen, firwat wierklech dat änneren a wat mat all deene Lieux de mémoire geschitt, soulaang si mir net d'accord. Well mir wëllen déi Sécherheeten hunn an déi Assurancen hunn, fir ze wëssen, datt eis Geschicht mat Respekt, Kontinuitéit weider behandelt gëtt.

Och déi Journée nationale du souvenir, dat ass elo eng Propositioun, vun där mer u sech nach näischt wëssen. Et gëtt gesot: „Et ass eng Date unique." Jo, gutt, da gëtt dat zesummegefaasst. Soll dat och eng zentral Feier ginn? Soll probéiert ginn, manner Feieren iwwert d'Land, an de Gemengen ze organiséieren? Wat ass d'Form vun där Feier?

Mir hate gesi beim Nationalfeierdag, datt praktesch deen éischte Souci vun dëser Regierung war, dee reliéise Charakter duerch den Te Deum ofzeschafen oder op jidde Fall an enger anerer Form, an enger net offizieller Form nëmmen nach bestoen ze loossen. Wat geschitt da mat där Form vun der Journée de la commémoration nationale, wéi dat bis elo gehandhabt gouf?

Ech wëll just drun erënneren, datt fir den Datum vun där Journée nationale du souvenir, do steet am Text: Et „kann" déi sinn, et „kann" deen Datum si vun der Journée de commémoration actuelle. Et muss dat awer net sinn. Mir wëssen net, wat elo op eis duerkënnt. An déi Journée de commémoration nationale hat en eminent symbolesche Charakter doduerch, datt se eng datumsméisseg Referenz war op den 10. Oktober, also op déi Personenstandsaufnahme, déi de Gauleiter organiséiere wollt. Soll déi Symbolik och elo ewechfalen? Mir wëssen et net!

De Virriedner vun der grénger Partei hat gesot: „Déi Feier soll eng sinn, déi sécher fir Lëtzebuerg ass, mä och, wou all déi aner Leit sech sollen dran erëmfannen." Och dat stellt Froen iwwert deen zukünftege Charakter an ob déi Feier nach bezunn ass - an a wéi enger Form an a wéi engem Mooss - op d'Geschicht vun dësem Land.

Et ass einfach eng ganz sensibel Matière a wou d'Symbolik eng wierklech grouss Roll spillt. Mir wäerten also drop oppassen, och op déi spezifesch Zeremonien, wéi zum Beispill d'Liberatioun duerch d'Amerikaner. Mir hate gesinn, zënter datt dës Regierung un der Muecht ass, datt eng ganz Rei vun Zeremonien, och déi vun der Liberatioun vun der Haaptstad, nëmmen nach op engem Minimum eigentlech gefeiert ginn, an datt d'Bedeitung, och déi historescher Bedeitung vun der Befreiung, vun eiser Verbonnenheet mat den Amerikaner wéinst der Liberatioun, déi historesch Dankbarkeet, déi mer awer hunn, datt déi eigentlech duerch deen ongenügend feierleche Charakter vun der Erënnerung leider a Fro gestallt ass.

D'Dignitéit vun de Feieren u sech ass och wierklech eppes ganz Wichteges. Well mir mussen oppassen - dat ass vläicht eng Platitüd, déi ech soen, well se an der Gedenkkultur ëmmer erëm ernimmt gëtt -, mä déi Leit, déi am Krich gelidden hunn, däerfen net zweemol leiden: eemol duerch dat Onrecht, wat hinnen deemools zougemutt gouf, an eemol doduerch, datt mir hiert Undenken net adequat éieren.

Mir hunn e rezent Beispill gehat: De Memorial Day vun den Amerikaner um Militärkierfecht zu Hamm elo virun enger Woch. Do wor keen eenzege lëtzebuergesche Minister vertrueden! Et wor zwar een ugemellt, mä et wor keen do. An och dat stellt d'Fro: Wéi wëllt dës Regierung eigentlech an hirer Symbolik, an hirer Präsenz déi Geschicht éieren, déi eis awer méi markéiert wéi vill aner Saachen an eiser Geschicht?

Am Ministère d'État soll e Service gegrënnt ginn, e Service unique de la commémoration, an anscheinend mat engem Mataarbechter. Dat ass natierlech e Rekord an der Rationaliséierung, mä et ass net onbedéngt dat, wat ee sech virstellt, fir eng Geschichtskultur ze erhalen; och wann dat bestëmmt e ganz ausgezeechente Mataarbechter ass.

Mir mussen och oppassen, datt mer net d'Geschicht ëmdeiten. Mir hunn eng ganz Rei Feierlechkeeten, déi am Ausland nach grouss gefeiert ginn, wéi an der Belsch an a Frankräich zum Beispill den Armistice vum Éischte Weltkrich - extrem wichteg! Hei ass u Verdun erënnert ginn, a wann een déi Schluechtfelder vum Éischte Weltkrich besicht huet, wie weess, wat do fir e Leide war, dee weess och, datt dat och e wichtegen Deel vun eiser Geschicht ass, dee jo och herno zu der embryonaler Iddi vun der europäescher Integratioun gefouert huet an der Nofolleg vum Éischte Weltkrich. Alles dat ass ganz wichteg.

Mä d'Ëmdeitung vun der Geschicht heescht och, datt mer déi Datumen an hirer eegener Bedeitung feieren. Et ass geschitt, datt mer d'Kapitulatioun vum Zweete Weltkrich an eng Journée de l'Europe verwandelt hunn. Dat kann een novollzéien. Awer et däerf een iwwert der Journée de l'Europe net d'Kapitulatioun vum Räich vergiessen. Alles dat si Saachen, op déi mer wäerten oppassen, fir datt d'Geschicht

an hirer eegener Bedeitung, an hirer eegener Symbolik, an deem, wat se u Gefiller mat sech bréngt, erhale bleift.

Eng positiv Saach wëll ech awer och ausdrécklech ënnersträichen, dat ass, datt d'Präsenz vun der Affergrupp vun de Judden an deem neie Comité, dee geschafe gëtt, awer opgewäert gëtt. Ech mengen, dat ass eng positiv Erscheinung. Fir de Rescht ass et schwéier, fir elo ze gesinn, wéi esou e grousse Gremium soll effikass schaffen.

De Wonsch, datt mer d'Geschicht an de Schoule méi staark behandele wéi bis elo, deen ass sécher justifiéiert. Och wann elo deen Zentrum fir politesch Bildung, vun deem mer hei u sech nach näischt wëssen, geschafe gëtt, stellt sech awer ëmmer erëm d'Fro vum Geschichtsunterrecht an eise Schoulen.

An eiser leschter Interventioun zu deem Thema hat d'ADR jo drop opmierksam gemaach, datt a ville Schoulen d'Geschicht virum Zweete Weltkrich oder just nom Zweete Weltkrich ophéiert, deemno wéi, datt op deenen héije Klassen dacks guer kee Geschichtsunterrecht méi ass an datt dat wierklech e Problem ass, datt ganz vill jonk Leit aus eise Schoule komme mat wichtege grousse Lacunnen an deem Wëssen, wou mir awer soen: Wien d'Gesellschaft wëllt verstoen, wie se wëllt formen, wie se wëllt an hirer ganzer Komplexitéit kënnen novollzéien, dee muss einfach en zolidd Wëssen an der Geschichtswëssenschaft hunn. An an deem Sënn kënne mer d'Regierung nëmmen encouragéieren, fir och deem Aspekt eng Prioritéit ze ginn an der Erënnerungskultur.

Well mer all déi Froen hunn, déi Onsécherheeten, op déi ech virdrun opmierksam gemaach hunn, a well d'ADR seet: „Mir brauchen Äntwerten, ier mer eng positiv Décisioun huelen, fir sécher ze sinn, datt mer hei net op dee falsche Wee ginn", wäerte mir dëst Gesetz net stëmmen. Mir wäerten awer dëse Prozess weiderhi kritesch a ganz opmierksam begleeden.

Ech soen Iech Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Kartheiser. An d'Wuert huet elo direkt dee leschten ageschriwwene Riedner, den Här Marc Baum.

M. Marc Baum *(déi Lénk).*- Merci, Här President. Mir mierken zanter e puer Joer hei am Land, datt et e verstäerkte Besoin gëtt, sech mat der Vergaangenheet, mat der Vergaangenheet vun dësem Land ausenanerzesetzen. Dat ass e Prozess, dee vläicht och domadder ze dinn huet, datt et ëmmer manner Leit ginn, déi den Zweete Weltkrich nach hu musse materliewen, dat heescht, déi elo nach wierklech Zeie si vun deem, wat deemools geschitt ass.

Et war och déi viregt Regierung, déi eigentlech dee Prozess déclenchéiert huet, andeem de Jean-Claude Juncker den Artuso-Rapport an Optrag ginn huet a wou dee Projet de loi, dee mer elo hei virleien hunn, eigentlech eng Konsequenz ass vu Reflexiounen, déi eigentlech scho méi laang daueren.

Mémoire, Erënnerung op där enger Säit a Fuerschung op där anerer Säit sinn zwou verschidde Saachen. Mémoire, Erënnerung, an d'Madamm Modert huet et och gesot, huet och mat Aarbecht ze dinn. Et ass eng Erënnerungsaarbecht, déi muss geschéien an déi anescht funktionéiert, déi no anere Regele funktionéiert wéi d'wëssenschaftlech Recherche, wéi déi scientifique Ausenanersetzung, déi gemaach gëtt, fir Faiten oder Saachen opzeklären, déi an der Lëtzebuerger Geschicht bis elo nach net esou analyséiert goufen.

Duerfir menge mer, datt d'Approche vun der Regierung richteg ass, fir déi zwou Saache vuneneen ze trennen. Wichteg ass, datt et net eng Trennung ass, fir dat eent oder dat anert géinteneen auszespillen, mä dat ass, fir datt déi zwou Saachen, d'Erënnerungsaarbecht wéi och d'Fuerschung, déi Plaz an déi Kraaft kréien an och kënnen entwéckelen, déi se brauchen.

Souwuel Mémoire wéi och Fuerschung sinn net ee fir alle Mol figéiert. Mémoire a Fuerschung hu mateneen ze dinn. Mémoire huet och mat der Fuerschungsaarbecht, déi geschitt, ze dinn, deelweis baséiert se sech och dorobber. Dat heescht, et gëtt och do en Austausch.

Dofir fanne mer och ganz richteg, wéi de Rapporteur dat uklénge gelooss huet, respektiv mir ënnerstëtzen dat och, datt am Comité d'accompagnement vun der Zäitgeschicht, datt do och e Member vun deem heite Comité vun der Erënnerung sollt dra sinn, well dat, mengen ech, och nëmme kohärent wier.

Positiv ass, dat ass, mengen ech, vu jiddwerengem hei och ugeschwat ginn, datt d'jiddesch Communautéit an dësem Comité vun der Mémoire mat vertrueden ass.

Här President, mir mengen, datt dat heite Gesetz e weidere Schrëtt ass an enger sënnvoller a richteger Aart a Weis, wéi mir eis sollte mat eiser Vergaangenheet ausenanersetzen, näämlech engersäits souwuel déi Erënnerungsaarbecht leeschten an déi Moyenen och schafen, fir dat kënnen ze maachen, an op där anerer Säit d'Fuerschung weiderdreiwen, fir datt och eis Geschichtsschreiwung zu Lëtzebuerg domadder nei Loft an nei Essore kann entwéckelen.

Merci.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Baum. An d'Wuert huet elo den Här Premier- a Statsminister.

Prises de position du Gouvernement

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- «Oublier les morts, c'est les tuer une deuxième fois» ass kee Saz vu mir, Här President, mä ass d'Realitéit.

An dass mir als Gesellschaft alles mussen derfir maachen, fir dass jonk Generatioune wëssen, wat geschitt ass, wéi wäit de Mënsch ka goen an dass den Inimaginable d'Realitéit war, dat ass eng Flicht fir eng Regierung. Et ass eng Flicht fir eng Gesellschaft ze wëssen, wat de Mënsch capabel ass ze maachen, fir dass et ni méi geschitt.

Ech muss Iech soen, dass ech haut der Meenung sinn, dass et méi wichteg wéi jee ass, d'Leit drun ze erënneren, wat geschitt ass, an ni ze vergiessen, dass déi Leit, déi déi schlëmmsten Atrocitéiten am Zweete Weltkrich gemaach hunn, gewielt waren, dass se demokratesch gewielt gi si vun de Leit an duerno déi Atrocitéite gemaach hunn!

Här President, an erlaabt mer, dass ech awer an dësem Débat elo net op de politesche Parquet wëll erofrutschen, fir ze soen, wat elo super oder net super ass, wat besser kéint gemaach ginn oder net besser kéint gemaach ginn, mä dass ech bei de Fakte bleiwen. Ech si frou, dass mer et fäerdegbréngen, iwwer 70 Joer nom Zweete Weltkrich d'Victimmen - „les" victimes - zesumme ronderëm en Dësch ze setzen, fir justement déi Mémoire, och déi Flam vun der Mémoire vive ze erhalen.

„Firwat?", kréien ech d'Fro gestallt. Virun e puer Méint ass nach d'Madamm Mady Moyse gestuerwen. D'Madamm Mady Moyse huet de Comité Auschwitz wärend Joren, laang, presidéiert a ganz aktiv matgeschafft. Well d'Zeie vum Zweete Weltkrich ëmmer méi rar sinn. Well ëmmer manner Leit d'Geschichte kënnen zielen, als Papp oder als Grousspapp kënnen d'Infoe ginn un d'Kanner, un d'Enkelkanner. Ëmmer manner gëtt et dat! An dowéinst wor et wichteg fir mech als Regierungschef, als Zoustännegen och fir déi Servicer an déi Associatiounen, déi et gëtt, fir et fäerdegzebréngen, „zesummen" d'Mémoire ze erhalen.

Et ass och scho vun engem anere Virriedner gesot ginn: Et gëtt keng Klassifikatioun, wie méi schlëmm oder manner schlëmm Victime war. Fir mech woren all déi Leit Victimmen.

Une voix.- Très bien!

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- Ech kréien hei gesot, hei wier ganz séier en Text erschafft ginn. Den 12. Juni 2015, also bal virun engem Joer, hat ech meng éischt Reunioun, wou mer zesumme mat den Associatiounen driwwer diskutéiert hunn, wou ech hinnen déi Virstellunge proposéiert hunn, wou ech och iwwert dee Comité geschwat hunn, wou ech gesot hunn, dass et fir mech wichteg wier, zesummen eis ronderëm en Dësch ze setzen an och d'Victimme vun der Shoah méi anzebannen an där Mémoire.

Mir hunn dowéinst och décidéiert, bei eis am Ministère e Service ze schafen, dee sech ëm d'Kommemoratioun an d'Mémoire soll këmmeren. Dat ass den Här Muller, deen och dat mat Begeeschterung mécht a frou ass, dat kënnen ze maachen, zesumme mat deenen Associatiounen an och mam Här Dillmann - an ech wollt net iwwer Nimm schwätzen, mä well ech hei gesot kréien, et wiere keng Leit, déi sech géifen drëms këmmeren -, dee bei mir am Ministère sech och mat drëms këmmert, wéi mer justement déi doten Aarbecht kéinte maachen.

Mir wëllen an Zukunft eng Journée nationale de la mémoire hunn. Et steet am Text, dass et ronderëm den 10. Oktober sollt sinn. Mä erlaabt mer, Här President, dass ech net haut soen, ob et den 9., den 10. oder den 11. oder wéi een Dag et ass! Dofir wëll ech dee Comité schafen! Dofir wëll ech déi Leit hunn, wou mer zesummen et fäerdegbréngen, en Dag erauszesichen, dee ronderëm deen doten Datum och sollt sinn, wou zesummen zu Lëtzebuerg Zeremonien organiséiert gi bei de verschiddene Monumenter.

Mir hu verschidde Monumenter: Mir hu Monuments de la Résistance, mir hunn e Monument..., mir hunn d'Gëlle Fra, mir hunn och an Zukunft e Monument fir d'Shoah, dat et nach net gëtt hei an der Stad, wat mer och gären hätten a wou mer en Artist, den Här Selinger, deen och en Iwwerliewende vun engem Konzentratiounslager ass, mandatéiert hunn, fir zesummen e Monument ze maachen, fir och dignement bei där doter Festivitéit dann och d'Victimme vun der Shoah kënnen ze éieren.

Zeie sinn ëmmer manner do. Dokumenter hu mer. De But ass net ze soen, dass alles... - well ech hunn och direkt scho vun och Associatioune geschriwwe kritt: „Wat geschitt mat eisem Archiv?" -, mir ginn elo net den Archiv ewechhuelen. Mä mir wëllen awer évitéieren, dass enges Daags, wann déi Responsabel, sief et an engem Gremium oder an enger vun deenen Associatiounen, vun deene Composanten, déi et haut gëtt, een net méi do ass, déi Valeur vum Patrimoine, vun deem Souvenir, dee mer hunn, verschwënnt. An dofir soll dat dann och kënnen an d'Archive bruecht ginn.

D'Villa Pauly: D'Villa Pauly soll de Lieu central vun der Mémoire ginn. Mir wëllen och dee Service do hunn a mir wëllen och, dass déi verschidde Composanten do sech kënnen zréckfannen.

D'Gare Hollerech kritt e pädagogeschen Aspekt. D'Gare Hollerech soll aménagéiert ginn, fir dass Klasse kënnen dohinnergoen, dass een dat kann zielen, wat do geschitt ass. A mir hunn och en Enseignant, dee bereet ass, déi Missioun ze iwwerhuelen, fir dat justement mat de Schoulklasse sur place mat enger Expo och kënne weiderzeféieren.

Iwwert den Institut si jo eng Rëtsch Froe gestallt ginn. Ech sinn och dofir frou, dass de Minister Hansen och hei ass, fir kënnen op déi verschidde Froen ze äntwerten. Mä mir hu gemengt, dass et wichteg wier, de Volet Recherche ze hunn an dem IHTP, an op där anerer Säit de Volet vun der Kommemoratioun mat deene concernéierte Leit och kënnen ze hunn. Dat wëllt net heeschen, dass ee mat deem aneren net schwätzt, dass ee mat deem aneren net en Échange huet. Mä mir sinn der Meenung, dass d'Missioun vun der Recherche bei der Uni a mat de Chercheuren a mat de Moyenen - an ech mengen, den Här Hansen wäert dat och soen -, déi d'Regierung dem IHTP gëtt, och weider sollt kommen.

Mir sollen och net vergiessen, dass mer laang gebraucht hunn, fir hei virun e puer Méint eis Excusë vis-à-vis vun enger Communautéit ze ginn. An dofir, Här President, sinn ech der Meenung, dass mer alles musse maachen, fir eis Geschicht opzeschaffen, fir an eis ze kucken, eis Responsabilitéiten ze gesinn, mä virun allem net ze vergiessen, wat och hei geschitt ass. A Victimme wore se, Dausenden an Dausende vu Lëtzebuerger, an dat däerf een ni vergiessen!

An erlaabt mer, Här President, meng éischt Zitatioun nach eng Kéier ze zitéieren: „Se ze vergiessen, wier all déi Doudeg nach eng zweete Kéier dout ze maachen."

Ech soen Iech Merci fir d'Ënnerstëtzung fir dëse Projet.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Statsminister. A wéi ugekënnegt, huet de Marc Hansen, zoustännege Minister fir Fuerschung a villes aneres, d'Wuert.

M. Marc Hansen, *Ministre délégué à l'Enseignement supérieur et à la Recherche.*- Merci, Här President. Dir léif Deputéiert, e puer Froe si gestallt ginn, wat den IHTP ugeet. An do géif ech nach eng Kéier e puer Explikatioune wëlle ginn, och wat déi rezent Entwécklungen ugeet.

Mir hate schonn heiansdo d'Geleeënheet, driwwer ze schwätzen: Deen IHTP gëtt jo e Centre interdisciplinaire op der Uni. Dat ass eng Décisioun, fir et net an eng Fakultéit einfach verschwannen ze loossen oder just eng Chaire ze maachen. Mä mir hu gesot: „Mir maachen en interdisziplinäert Institut." Et gi just, dem Gesetz no, dräi där Centre-interdisciplinairen. Zwee sinn der scho besat. Ee bleift nach iwwreg, an dat gëtt deen heite Centre interdisciplinaire, fir em och déi néideg Visibilitéit ze ginn.

Mir hunn et och op der Universitéit placéiert, fir och déi Onofhängegkeet ze ginn, fir kënnen iwwert d'Geschicht ze fuersche mat deem Background, deen een natierlech och do heiansdo brauch. An ech mengen, d'Universitéit ass hautzudaags staark genuch, fir och déi eng oder aner Diskussioun do ze packen, déi et bestëmmt an deem Kontext och wäert ginn.

Et goufe Froe gestallt, wou mer do dru sinn a wéi da kéint garantéiert ginn, dass och d'Lëtzebuerger Geschicht géif doranner eng wichteg Roll spillen, déi zäitgenëssesch Geschicht. Ech géif do verweisen, an dat ass en oppent Dokument, wat Der kënnt konsultéieren, op d'Revisioun vun dem Contrat d'établissement, deen de Stat mat der Universitéit huet. Do gi ganz spezifesch, wat soss net de Fall ass, aus der Dotatioun d'Moyenen erausgepickt, déi fir den neien IHTP gebraucht ginn. Dat si fir d'Joer 2016, also den zweeten Deel vun 2016 an 2017, 5,4 Milliounen Euro, déi spezifesch fir den IHTP zur Verfügung gestallt ginn.

Dann hat d'Madamm Modert och gefrot, wéi et dann och wär, ob elo do just iwwer digital Geschicht géif geschwat ginn a wéi kéint festgestallt ginn, dass iwwer lëtzebuergesch zäitgenëssesch Geschicht géif gefuerscht ginn. Grad an deem Dokument och, wat signéiert ginn ass vun dem Conseil de gouvernance a vun der Regierung, steet dran, dass d'Universitéit am drëtten Trimester vun dem Joer 2016 eben deen drëtte Centre interdisciplinaire wäert kreéieren «avec l'histoire contemporaine du Luxembourg comme le domaine thématique prioritaire». Ech mengen, dat steet och esou dran an dem Contrat d'établissement, wat natierlech och dat dote festhält.

Da gouf et och dernieft dat Dokument, wat mer Iech zoukomme gelooss hunn, wou déi dräi Achsen och nach eng Kéier ganz kloer beschriwwe si vun dem IHTP. Do ass dat heiten e wichtegt Kapitel dran, also déi Lëtzebuerger Geschicht, Zäitgeschicht, an dernieft natierlech d'europäesch Integratioun a Geschicht an d'„digital history".

Op dëser Plaz gouf vun deem engen oder aneren Deputéierten och iwwert de Comité d'accompagnement geschwat. Ech mengen, dat ass eng wichteg Fonctioun. An an deem Dokument, wat ech elo grad zitéiert hunn, wat der Chamberskommissioun zur Verfügung gestallt gouf, steet och dran, dass deen Institut wäert mat der Lëtzebuerger ziviller Sociétéit Échangen hunn, mat den Associatiounen, déi sech och dorëmmer bekëmmeren. An ech mengen, och de Recteur wäert sech natierlech an där heiter Diskussioun amëschen an och dee Comité d'accompagnement asetzen an do déi Leit consultéieren, déi en an deem Kontext muss consultéieren.

Lëtzebuerger Zäitgeschicht ass natierlech net nëmmen Zweete Weltkrich. Dat ass awer e ganz wichtegt Kapitel, wat och extra an der Lëtzebuerger Thematik, an der Lëtzebuerger Achs och definéiert gouf an deem dote Punkt.

De Rekrutement gouf kuerz hei ugeschwat. Ech mengen, de Rekrutement fir deen Direkter hei vun deem IHTP ass esou verlaf, wéi all d'Rekrutementer op héich Poste vun der Universitéit gemaach ginn, dat ass: International ginn déi ausgeschriwwen! Dat gehéiert sech esou fir eng Uni, déi sech och op internationalem Plang wëllt behaapten. Do hu sech Kandidate gemellt. An et gouf extra e Comité de recrutement, deen och net nëmme mat Lëtzebuerger besat war, dee mat internationale Professere besat war. Dee Comité de recrutement huet aus deene Kandidaten eng Lëscht gemaach, déi en dem Conseil de gouvernance vun der Universitéit proposéiert huet. An do gouf dann eben de Professer Fickers zréckbehalen, fir deen doten Institut ze leeden.

An ech mengen, ech ginn dovunner aus, dass dee Mann, wann dee vun engem internationale Comité de recrutement erausgesicht ginn ass, wou mir eis erausgehalen hunn, dat hat ech op där heiter Plaz och schonn thematiséiert, ech mengen, da wäert deen déi Kompetenzen hunn, déi ee brauch, fir dat doten ze maachen an och fir aus deem Institut eppes hinzekréien.

Ee Wuert nach fir ofzeschléissen: Deen Institut ass och op der Uni placéiert ginn, fir dass d'Resultater vun der Fuerschung och kënnen an d'Formatioun vun den Enseignantë weidergeleet ginn. Well ech mengen, wa mer iwwer Mémoire schwätzen, an dat gouf jo scho bis elo ganz vill thematiséiert, dann ass dat doten awer och e ganz wichtege Volet. Wann d'Resultater vun der Fuerschung vun dem IHTP, déi op der Uni eben och erschafft ginn, wann déi dann och am Enseignement kënnen an d'Formatioun vun den Enseignantë fléissen, mengen ech, hu mer och e wichtegen Deel gemaach fir d'Mémoire, dass och déi zukünfteg Generatiounen alleguerten déi wichteg Informatiounen och kënne kréien.

An ech sinn dovunner iwwerzeegt, dass, wa mer elo deem doten Institut an der Universitéit d'Vertraue ginn, wat en och brauch, fir dat doten opzebauen, dass mer an e puer Joer iwwert d'Resultater kënnen dovunner schwätzen. An ech sinn och iwwerzeegt, dass déi do eng ganz honorabel a korrekt Aarbecht wäerte maachen.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och eisem Héichschoulminister. Mir sinn domadder um Enn vun den Diskussiounen ukomm a mir kënnen direkt zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6960 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6960 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt elo un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

Mir hunn 59 Participatiounen, dovu 56-mol Jo an 3-mol Neen. Domat ass de Projet ugeholl.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 6960 est adopté par 57 voix pour et 3 voix contre.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden (par M. Laurent Mosar), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par Mme Nancy Arendt), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank (par M. Claude Wiseler), Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par M. Marc Spautz) et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel (par M. Roger Negri), Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel (par Mme Claudia Dall'Agnol), Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel (par M. André Bauler), M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Gusty Graas), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ont voté non: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze ginn?

(Assentiment)

Da soen ech Iech Merci an an ëffentlecher Sëtzung gesi mer eis erëm de 14. Juni. Merci villmools a kommt gutt heem!

(Fin de la séance publique à 19.10 heures)

SÉANCE 37

MARDI, 14 JUIN 2016

Présidence: M. Mars Di Bartolomeo, Président

Sommaire

1. Ouverture de la séance publique
- *M. Mars Di Bartolomeo, Président*

2. Discours de solidarité envers le Bundestag et les États-Unis d'Amérique
- *M. Mars Di Bartolomeo, Président*

3. Communications
- *M. Mars Di Bartolomeo, Président*

4. Ordre du jour
- *M. Mars Di Bartolomeo, Président*

5. Question élargie n°17 de M. André Bauler sur le tourisme de congrès et en milieu campagnard
- *M. André Bauler - Mme Francine Closener, Secrétaire d'État à l'Économie*

6. 6923 - Projet de loi portant 1. fixation des conditions d'engagement et de travail des chargés d'éducation à durée déterminée et à tâche complète ou partielle et des chargés d'enseignement à durée indéterminée et à tâche complète ou partielle, 2. fixation des modalités et du déroulement du cycle de formation des chargés d'enseignement engagés à durée indéterminée et à tâche complète ou partielle à l'Institut de formation de l'éducation nationale, 3. création d'une réserve nationale des employés enseignants des lycées
- *Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse: M. Claude Lamberty*
- *Discussion générale: Mme Martine Hansen, M. Georges Engel, M. Claude Adam, M. Fernand Kartheiser, M. Marc Baum*
- *Prise de position du Gouvernement: M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse (question de M. Fernand Kartheiser)*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

7. 6964 - Projet de loi portant modification du paragraphe 91, alinéa 1er, de la loi générale des impôts modifiée du 22 mai 1931 („Abgabenordnung")
- *Rapport de la Commission des Finances et du Budget: Mme Joëlle Elvinger*
- *Discussion générale: M. Gilles Roth, M. Alex Bodry, Mme Viviane Loschetter*
- *Prise de position du Gouvernement: M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances*
- *M. Gilles Roth (parole après ministre)*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*
- *M. Roy Reding*

8. 6983 - Projet de loi portant modification d'une disposition en matière d'impôts directs
- *Rapport de la Commission des Finances et du Budget: Mme Joëlle Elvinger*
- *Discussion générale: M. Gilles Roth (intervention de M. Alex Bodry), M. Franz Fayot, Mme Viviane Loschetter, M. Roy Reding, M. David Wagner*
- *Prise de position du Gouvernement: M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances (intervention de M. David Wagner)*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

9. 6962 - Projet de loi portant approbation

- de l'Accord entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement du Royaume-Uni de Grande-Bretagne et de l'Irlande du Nord concernant la protection réciproque d'informations classifiées, signé à Londres, le 8 septembre 2015;

- de l'Accord entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de la République de Chypre concernant l'échange et la protection réciproque d'informations classifiées, signé à Luxembourg, le 3 septembre 2015

- de l'Accord entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de la République de Chypre concernant l'échange et la protection réciproque d'informations classifiées, signé à Luxembourg, le 3 septembre 2015

- *Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration: Mme Claudia Dall'Agnol*
- *Discussion générale: M. Jean-Marie Halsdorf, M. Gusty Graas, M. Claude Adam, M. Fernand Kartheiser*
- *Prise de position du Gouvernement: M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

Au banc du Gouvernement se trouvent: MM. Pierre Gramegna et Claude Meisch, Ministres; M. Marc Hansen, Ministre délégué; Mme Francine Closener, Secrétaire d'État.

(Début de la séance publique à 14.35 heures)

1. Ouverture de la séance publique

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Ech maachen heimat d'Sëtzung op a froen d'Regierung, ob se eng Kommunikatioun ze maachen huet.

Mme Francine Closener, *Secrétaire d'État à l'Économie.*- Neen, Här President.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Dat ass net de Fall. Merci.

Ech wollt d'Chamber dann iwwer eng Rei vu Saachen informéieren.

2. Discours de solidarité envers le Bundestag et les États-Unis d'Amérique

Ech hu mer erlaabt, mengem däitsche Kolleeg aus dem Bundestag meng Solidaritéit auszedrécke vis-à-vis vun deene rezenten Evenementer ronderëm déi Motioun, déi vum Bundestag ugeholl ginn ass, an ech mengen, mir kënnen eis deene Wierder vun dem Norbert Lammert uschléissen.

Ech wollt Iech och informéieren, dass ech am Numm vun der Chamber iwwert den amerikaneschen Ambassadeur eis Solidaritéit mat den Affer vun deene bluddegen Attacken ausgedréckt hunn. Attacken, déi d'Fräiheet viséieren an en Ausdrock vun déiwem Haass an Diskriminéierung sinn. An dat kann een net toleréieren! Egal wou esou Attacken an der Welt geschéien, sinn d'Affer an hir Familljen an och déi zoustänneg Autoritéiten eiser Solidaritéit gewëss.

3. Communications

Ech wollt dann nach d'Chamber informéieren, dass d'Lëscht vun den neie parlamentareschen Ufroen hei um Büro deponéiert gouf. Säit der leschter Sëtzung ass de Projet de loi 6701 deponéiert ginn. Et handelt sech ëm eng Ofännerung vum Gesetz iwwert d'Personal am Fondamental.

Op Ufro vun der Regierung an duerch Arrêtés grand-ducaux de retrait vum 1. Juni 2016 goufen de Projet de loi 5155 iwwert d'Reform vum Scheedungsgesetz an de Projet de loi 5867 iwwert d'Responsabilité parentale de 7. Juni 2016 vum Rôle gestrach. Si sinn duerch en entspriechende Projet ersat ginn.

D'Lëscht vun de Petitiounen, déi säit der leschter Sëtzung deponéiert goufen, ass un d'Fraktioune gaangen.

Communications du Président - séance publique du 14 juin 2016

1) La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le bureau.

Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.

2) Le projet de loi suivant a été déposé à l'administration parlementaire:

7001 *- Projet de loi modifiant la loi modifiée du 6 février 2009 concernant le personnel de l'enseignement fondamental*

Dépôt: M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, le 08.06.2016

3) Sur demande du Gouvernement et par arrêtés grand-ducaux de retrait du 1er juin 2016 le projet de loi ***n°5155*** *portant réforme du divorce et le projet de loi* ***n°5867*** *relatif à la responsabilité parentale ont été retirés du rôle des affaires de la Chambre des Députés en date du 7 juin 2016.*

4) Les demandes de pétition publique suivantes ont été déposées:

669 *- Demande de pétition publique: Pour la suppression du minimum facturable quand on souhaite payer avec une carte de crédit/débit chez un commerçant (5€ limit)*

Dépôt: M. Steven Curfs, le 07.06.2016

670 *- Demande de pétition publique: Élargir les aides du chèque-service auprès des sociétés spécialisées dans les services aux particuliers. Aller au-delà des aides aux structures de garde ou bien des ASBL pour les activités sportives*

Dépôt: Mme Thuy Nguyen, le 09.06.2016

671 *- Demande de pétition publique: Obligation de s'attacher dans les bus*

Dépôt: M. Elouan Bazille, le 12.06.2016

4. Ordre du jour

Dann huet d'Presidentekonferenz an hirer leschter Sëtzung deen Ordre du jour virgeschloen, deen Der zougestallt krut. An ech wollt d'Chamber froen, ob se mat deem Ordre du jour d'accord ass.

(Assentiment)

Dat ass de Fall. Dann ass den Ordre du jour esou décidéiert a mir kéinten direkt zu eiser Dagesuerdnung iwwergoen.

Den éischte Punkt ass déi erweidert Fro vum Här André Bauler iwwert de Kongresstourismus an den Tourismus um Land. Den Auteur vun der Fro huet fënnef Minutten Zäit, fir seng Haaptfro an, no der Äntwert, fir seng Zousazfro, wann en dat wënscht, virzedroen. An der Regierung stinn zéng Minutten zur Verfügung. Den Här Bauler huet d'Wuert. Här Bauler!